



bedenklechen Dualismus, deen am Moment an deem do Beräich an eiser öffentlecher Schoul besteet.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann. Elo kritt d'Wuert d'Madame Éducationministesch Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport a selbstverständlech all menge Virriedner fir déi konstruktiv Beitrag zur Diskussioun.

Eigentlech ass alles gesot. Ech mengen, dat hei ass e Gesetz, wou mer net fir oder géint de Processus de Bologne sinn, mä et ass e Gesetz, wou mer d'Bologna-Realitéit, déi et an den Unien am Ausland gëtt, esou ëmsetzen, dass mer déi Beschriewung vun den Diplomer, déi ee brauch, fir zum Enseignement secondaire a secondaire technique zougelooss ze ginn, dass mer déi richteg ëmschreiwen. Mir definieren hei d'Critères d'admission fir d'Carrière vun de Proffen an accessoirement vun all deenen anere Leit, déi an der Schoul intervenéieren.

En parallèle sinn déi Aarbechte gefouert gi mam Ministère vun der Fonction publique, déi jo deeselwechten Exercice muss maache fir all Carrière universitaire beim Stat. Dat kann ënner Form vu Règlement grand-ducal gemaach ginn, awer fir d'Schoul brauche mir dofir e Gesetz.

Dofir sinn ech och mat deene Leit d'accord, déi soen, dat wär relativ technesch. Mä am Résumé: Bis haut hate mer jo am Gesetz stoen, dass, fir Professer E7 ze ginn, ee misst e Cycle complet vu véier Joer Uni-Studien hunn, respektiv fir déi, déi ee Professer E5 waren, dass déi e Cycle vun dräi Joer haten. An dat gëtt elo ersat. An der Zukunft gëtt keng Referenz méi op d'Durée vun de Studie gemaach, mä op den Titre académique, dat heescht respektiv e Bachelor fir alleguerten déi, déi an den E5 kommen, an e Master fir déi, déi an den E7 kommen.

Mir haten dann an der Kommissioun eng wierklech spannend Diskussioun iwwer Termen: Wéi ee Master? Vu virera war et kloer, fir d'Proffen am Secondaire, am Secondaire technique, dass déi missten e Bachelor an engem Fach hunn. Dat heescht, mir hunn ëmmer gesot, eng Spezialitéit, net e Generalist, an d'Fro huet sech gestallt: Wéi ee Master setze mer dann dorobber?

Ech muss soen, ganz am Ufank war awer och ëmmer kloer, dass, fir an den E7 ze kommen, dass mir géifen e Master froen. Dat war jo eng Angscht, déi geherrscht huet, fir eventuell, dass dat keng Mastere solle sinn, déi do géife Professer E7 ginn. Et war ëmmer gesot ginn: E Master, an dann e Bachelor am Fach, an da wéi e Master dorobber?

Et ass effektiv ganz am Ufank doriwwer diskutéiert ginn, ob ee seet, e Master am Fach respektiv an de Sciences de l'éducation. Dat ass dunno enger Rei Diskussiounen verworf ginn. An do hu mer gesot - do hu mer en urspringlechen Text eraginn -, e Master an deemselwechte Fach, wou en de Bachelor huet, oder an der Didactique. An dunno hate mer an der Chamberkommissioun dann déi spannend Diskussioun: Wat heescht Didactique? Woubäi et fir mech evident war, dass dat eppes mat deem Fach ze dinn huet, wat een enseignéiert. Net eng generalistesche Approche iwwer Pädagogik - wat och net onnëtz ass, wëll ech soen -, mä dass dat eppes mam Fach ze dinn hätt.

No laangen Diskussiounen a well mir alleguerte kompromissbereet sinn, hu mer eis dann op eng Formulatioun festgeluecht, wou ech net dervun iwwerzeegt sinn, dass et e Chef-d'œuvre stylistique wär, mä op d'mannst hu mer elo dann awer eng Formulatioun, wou jiddweree sech ka ralliéieren. An dofir sinn ech eigentlech ganz fro.

Ech wëll just hei soen, dass een definitiv, mengen ech, déi al Unislandschaft an déi al Welt vun den Unie muss vergiessen. An dat - den Här Bauler huet mech do heiansdo zitéiert, wat ech anscheinend an der Kommissioun gesot hätt -: De Bachelor

ass deen éischten universitären Diplom an de Master ass dann deen zweeten, dee kann een hannendrunhänken. Do mécht ee schonn e Choix fir eng gewëssen Orientatioun. Et gëtt kee Generalistemaster. Et gëtt ëmmer e Master, deen deen Terrain, op deem ee schafft, schonn aschränkt.

Sou dass ech net der Meenung sinn, dass de Master d'Allgemeinbildung vun den Universitäre verbessert, mä dee konzentriert sech dann op ee bestëmmte Sujet. Wat wichteg ass a richteg, dat ass, dass an all Master eng Dimensioun vu Recherche, wou Methodologie drakënnt, an déi ass sécher fir een Akademiker oder een, deen an deem Terrain schafft, ganz wichteg.

Dofir hat ech, wann ech Aussoe maachen doriwwer, wéi ee sech kéint weiderbilden; also ech denken, dass all Enseignant - sou wéi all Mënsch haut - net ka soen: „Ech hunn eng Initialausbildung hanneru mer an domat weess ech alles an da sinn ech fir mäi Liewe gutt.“ Och an der Schoul a bei den Enseignantë gëllt den „lifelong learning“. An ech weess aus Erfahrung, mä och vun all deene Leit, déi ech kennen, déi an der Schoul sinn, dass se, währenddeem se enseignéiert hunn, onheemlech vill bäigeliert hunn. Et ass also net an der Formation initiale, wou ee seng komplett Ausbildung kritt. An dat war am Fong déi Ausso, déi ech do wollt maachen.

Jiddefalls begrëissen ech, dass ech dann hei de Konsens fonnt hunn iwwert déi Formulatioun, wéi dee Master da soll ausgesinn.

Et ass evident, an dat hu mer och an der Kommissioun gesot, dass, wann dat hei a Kraaft trëtt, mer de Stage musse reforméieren, fir d'double-emploien ze verhënnere. Mä de Moment ass en Allégement vum Stage pédagogique virgesinn, awer nach keng Reform. An déi Reform, déi gëtt elo an der nächster Zäit preparéiert.

Mir haten eng länger Diskussioun iwwert d'Période de transition. Am Gesetz steet, dass also an dräi Joer vun haut, vun der Mise en vigueur vum Gesetz un, dräi Joer duerno mussen d'Leit mat deenen neien Diplomer kommen. Dat ass och e Parallelismus mam Règlement grand-ducal. Ech verstinn déi Argumenter vun deene Leit, déi soen, et muss een och mat engem Diplom vu virdu nach kënnen herno an de Beruff erakommen.

Meng Meenung ass, dass dat da fir déi ganz Fonction publique muss zielen an dass mer eng Dispositioun allgemeng mussen huele fir d'Fonction publique, dass d'Leit, déi hiren Diplom fréier gemaach hunn an an Zukunft wëllen an d'Fonction publique kommen, dass déi mussen nach kënnen Accès kréien zum Concours. An dat ass awer eng Dispositioun, déi ech dann net nëmme wëllt hu fir den Enseignement, mä fir d'ganz Fonction publique.

Den zweeten Element vun dësem Gesetz, dat ass d'Aféierung vum Professeur de formation morale et sociale. Dat ass eng Mesure och, fir d'Qualitéit am Enseignement vun deem Fach ze verbessern an och de Leit eng Méiglechkeet ze ginn, sech doranner ze spezialiséieren. Well bis elo ass et jo esou, dass een huet misse Philosprof sinn - haaptsächlech - an derniewent dann eng - wéi soll ech soen? - eng Niewenausbildung krut als Professeur de formation morale et sociale. Dat kann een elo als Haaptfach wielen.

### (Interruption)

De Règlement grand-ducal gesäit vir, dass och aner Leit kënnen Formation morale et sociale ginn. Et ass also wichteg, dass mer Leit och ubilden, déi Spezialisten an deem Fach sinn an déi ausgebild sinn, fir dat Fach och mat där néideger Qualitéit ze enseignéieren.

Wéi ech de Virriedner nogelasschert hunn, ass mer eigentlech opgaangen, dass mer hei esou e bëssen ancien a modern dran hunn. Dat heescht, mir hu Saache gehalen, déi mer aus der Traditioun iwwerholl hunn, wéi zum Beispill, dass een zwee Joer an d'Ausland muss, wann een Däitsch-, Franséisch- oder Engleschprof gëtt. Mir hunn awer net dru geduecht, fir dat auszudehnen op Italiensesch a Spuenesch. Mir féieren eppes Neies an, mir halen dat Aalt. Et ass esou déi gutt Lëtzebuerger Traditioun, an ech denken, dass mer och dofir hei de Konsens kréien, an

dofir soen ech lech alleguerte villmools Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen der Madame Minister Merci an domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 5995 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Félix Eischen), Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Martine Mergen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Lucien Clement), Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. André Bauler), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Claude Adam), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6026 iwwert déi öffentlech Bibliothéiken. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur, den Här Angel, den Här Adam, den Här Kartheiser an den Här Hoffmann. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Mill Majerus. Här Majerus, Dir hutt d'Wuert.

## 2. 6026 - Projet de loi relatif aux bibliothèques publiques

### Rapport de la Commission de la Culture

► **M. Mill Majerus** (CSV), *rapporteur.*- „In Bibliotheken fühlt man sich wie in der Gegenwart eines großen Kapitals, das geräuschlos unberechenbare Zinsen spendet.“

Här President, Madame Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Zitat vum Johann Wolfgang Goethe ginn ech eran a mäi mëndleche Rapport vum Projet de loi 6026 iwwert d'öffentlech Bibliothéiken. Mir sinn a finanziell schwéieren Zäiten a mir streiden driwwer, wéi mer de Statsbudget an den Équilibre kréien. Mir wëssen, dass mer op ville Pläng spuere mussen, wou et de Bierger an dësem Land wéideet.

Ech wëll domadder ënnersträichen, dass mer queesch duerch all politesch Parteien, déi an dësem héijen Haus vertruede sinn, d'Wichtigkeet vum Bibliothéikegesetz ënnersträichen. Mir decidéieren haut de Mëtteg net, fir ze spuieren, mä fir ze investéieren. Mir maachen dat, well den Enjeu et der Méi wäert ass.

Ëm wat geet et eis?

Am Exposé des motifs vum Gesetzesprojet schreift am Abrëll 2009 déi deemoleg

Statssekretärin Octavie Modert: «La présente loi a pour objet de garantir une meilleure diffusion de la société de la connaissance dans toutes les couches de la population, de créer un cadre pour le développement des bibliothèques (...) afin d'assurer aux résidents l'égalité d'accès à la lecture, aux savoirs, à l'information, à l'instruction civique et à la culture ainsi que la possibilité de développer leurs connaissances tout au long de leur vie.»

D'Wëssen, iwwert dat mir Mënschen all zesumme verfügen, entwéckelt sech rasant. Et ass wéi e grouse Schatz, deen all Dag e Stéck wiisst a méi räich gëtt. An engem fräien an demokratesche Land ass et eminent wichteg, dass dobäi keen ausgeschloss gëtt. Et ass noutwendeg, fir jiddwerengem d'Dier bei deem Bien commun grouss opzemaachen.

Mir hunn zwar all nei Medien zur Verfügung, déi eis mat Informatiounen regelrecht iwwerschëdden. Mä vill vun eis sinn iwwerfuert, fir dobäi den Tri ze maachen, fir ze sënneren, wat richteg, objektiv an nützlich ass. Hei spillen d'Bibliothéike fir d'Bierger vun all Alter eng wichtige Roll. Iwwert déi Wierker, déi si ubidden, erméigleche si e gudden, aktualiséierten an national adaptéierten Iwwerbléck.

Mam neie Gesetz ginn op dësem Plang eis lokal a regional Bibliothéiken an e groust Netz agebonnen, an deem och wëssenschaftlech, Schoul- an thematesch Bibliothéike matschaffen. Dat ass e grouse Plus. An et dréit vill zur Attraktivitéit vun den öffentleche Bibliothéike bäi.

«Une bibliothèque, c'est le carrefour de tous les rêves de l'humanité.» - Sou gëtt den Auteur Julien Green zitéiert.

Bichergecke liesen, well dat Spaass mécht. Well nei Welten opginn. Well d'Phantasie Filleke kritt. Well d'Bicher erzielen a verschaffen, wat eis Mënsche frou an traureg mécht, wat eis erdréckt a wat eis beséit.

Bicher liesen ass eng räich an eng kreativ Manéier, fir Fräizäit flott a kuerzweilg ze erliwen. Et ass eng wäertvoll Alternativ zum passive Konsum vun audiovisuellen Produkten.

Mat de Familljen a mat der Schoul iwwerhuelen d'öffentlech Bibliothéiken d'Missioun, fir eis Kanner anzeféieren an déi faszinéierend Welt vun de Bicher. Dozou zwou Remarquen: 1. Expertë bestätegen, dass een domadder op kee Fall ze fréi ufänke kann. Et gëtt haut eng Hällewull vun spannende Kannerbicher fir all Alter - fir ze weisen, fir ze erzielen a fir ze molen.

2. Virun e puer Wochen hu mer hei am Haus iwwert de politeschen Engagement géint d'Aarmut vun de Kanner geschwat. D'Précaritéit huet vill Gesichter. Et gëtt dobäi och mental, kulturell a schoulesch Aspekter. Et ass wichteg, dass mer an de Bibliothéiken attraktiv Angeboter maachen, besonnesch fir déi Kanner, déi doheem manner gefördert ginn.

D'Madame Kulturministesch Octavie Modert beschreift eis Bibliothéiken als „learning centres“. Et geet do ëm méi wéi d'Ausléine vu Bicher, déi ee fir eng oder zwou Woche ka mat heem huelen. All eis öffentlech Bibliothéiken, och déi klengst am Land, goufen vu Plazen, wou Jonker an Aler kommen, fir sech ze dokumentéieren, fir hir méi oder manner bescheiden, hir méi oder manner wichteg Recherchen ze maachen. Dat net nëmmen, well do Referenzwierker a Computeren zur Verfügung stinn, mä well do déi néideg Rou an Ambiance garantéiert ginn, déi ee fir dës Aarbecht brauch.

Wat soll mam Projet de loi konkret verbessert ginn? «Quand on nous demandera compte de notre gestion gouvernementale, nous montrerons nos bibliothèques», esou zitéiert de Bibliothekar Jean-Marie Reding de fréiere Statsminister Pierre Frieden. Wat d'Zuel vun den öffentleche Bibliothéiken ugeet, esou si mir haut zu Lëtzebuerg am internationale Verglach en Entwécklungsland.

Eise verstuertwene Kolleeg, den honorabelen Deputéierte Marc Zanussi, hat 2003 mat senger Proposition de loi d'Ambitioun,





fir a méiglechst jiddwer Gemeng eng öffentlech Bibliothéik ze schafen. Och wann de Projet de loi 6026 net esou wäit geet, dann ass et der Kulturministesch hir Intention, fir déi öffentlech Bibliothéiken iwwer Land auszebauen an ze professionaliséieren.

Mam neie Gesetz wëllt de Stat deen dofir néidege Kader schafen. Dozou gehéiere virun allem déi staatlech Subventiounen bei de Funktionementskäschten, beim Kaf vun neie Bicher oder bei der regionaler Zesummenaarbecht vu méi klengen Bibliothéiken. Och an der Kulturkommissioun wësse mer, dass mer an dëser Zäit all Sou zweemol ëmdréine mussen, ier mir en ewechginn.

Mir wënschen awer, dass de Kulturministère genuch Kreditter zur Verfügung huet, fir eng gutt Promotioun vun den öffentlechen Bibliothéiken ze garantéieren. Si sinn e wichtege Baustee vun eiser Bildungspolitik an domadder e gudden Invest an eis Zukunft. D'Bibliothéiken „rechnen sich nicht, aber sie zahlen sich aus“.

D'Subsidie baséieren op dem Agrément vum Kulturministère. Hei muss all Service eng ganz Rei vu Konditiounen erfëllen. Dat ass och fir d'Kulturkommissioun vun der Chamber prinzipiell richtig. Den Agrément ass de Qualitéitslabel, deen dokumentéiert, dass eng Bibliothéik esou funktionéiert, dass si hirer nobler Missioun gerecht ka ginn.

Vill Träger vu bestehenden Haiser waren allerdéngs der Meenung, d'Ministesch hätt et an hirem Projet zwar gutt gemengt, mä hätt mat hiren Agrémentskritären d'Lat ze héich geluecht. Besonnesch kleng Haiser hu gefaart, dass si mat dem Gesetz géife riskéieren, hir Diere missen zouzemaachen.

Dat war gewëss dee wichtigste Grond, fir den Text an der Chamberskommissioun nach eemol op de Leescht ze huelen. Mir hunn dat gemaach am Kader vun enger exzellenter Zesummenaarbecht mat der Kulturministesch, mat hire Mataarbechter, der Directrice an dem Staff vun der Nationalbibliothéik.

Am Numm vun alle Membere vun der Commissioun geet e grouse Merci och un all aner Instanzen, déi eis mat grousser Kompetenz beroden hunn. Dobäi waren och verséiert an engagéiert Bibliothekaren. Mir haten zwou interessant a léierräich Visiten an der Nationalbibliothéik an am Mierscher Lieshaus.

Et ass fir all Memberen aus der Kulturkommissioun e wichteg Uleies, dass all bestehend öffentlech Bibliothéik mat dem Gesetz vun haut gestäipt an encouragéiert gëtt. Besonnesch d'Ausféierungsbestëmmungen spillen hei eng wichteg Roll. Als Beispiller nennen ech d'Öffnungszäiten an d'Zuel vun de Bicher, déi mussen zur Verfügung stoen.

D'Ausféierungsbestëmmungen mussen esou gehale sinn, dass all Haiser, déi elo funktionéieren, weider kënnen bestoen, och wa si kleng sinn am Verglach zu de grouse Bibliothéiken an der Stad oder zu Esch, och wa si keng kommunal Hëllef kréien oder froen, wéi zum Beispill zu Veianen, och wa si keng haaptamtlech Mataarbechter astelle kënnen oder wëllen.

Ech profitéieren d'Geleeënheet, fir alle bénévolé Mataarbechter eis grouss Unerkennung ze soen. Ouni hiren Asaz, dacks iwwer Jorzéngten, géif et nach vill manner Bibliothéike ginn. Mat dem Vote vum Gesetz vun haut wëlle mir hire gënereisen Engagement ënnersträichen.

Mir sinn der Ministesch dankbar, dass si mat op de Wee vu manner strengen Oploue geet. Manner ass méi. Villes, wat ufanks am Gesetz selwer geregelt gouf, soll elo iwwer e Règlement grand-ducal festgeluecht ginn. Domadder kréie mer déi néideg Flexibilitéit. An et ass méiglech, fir der Entwécklung vum Secteur progressiv Rechnung ze droen.

Selbstverständlech wënsche mer eis, dass nei Bibliothéiken entstinn, besonnesch an deene Géigenden, wou am Ablack keng Servicer bestinn. D'Auteure vum Gesetz hunn drop verzicht, fir nei Obligatiounen fir

d'Gemengen ze schafen. Als Chamberskommissioun verst mer de Projet awer als eng Invitatioun an en Encouragement fir eis kommunal Responsabel. D'A.s.b.l. NORBI, d'Bibliothéiken am Norden, an och d'Mierscher Lieshaus weise flott Weeër, wéi een op deem Plang regional an interkommunal effikass zesummeschaffe kann.

De Bicherbus ass eng wäertvoll Iwwerganksléisung, mä e kann den Ambitiounen vun enger öffentlecher Bibliothéik nëmmen deelweis gerecht ginn. Als ambulanten Ambassadeur vun eise Bibliothéiken huet hien awer d'Chance, deenen hiert Angebot ze ergänzen, an extra muros fir deenen hir Servicer ze werben.

„Ordonner une bibliothèque est une façon silencieuse d'exercer l'art de la critique“. Mat dësem Zitat vum Auteur Jorge Luis Borges kommen ech bei een Aspekt, deen eiser Kulturministesch besonnesch wichteg ass: d'Professionaliséierung vun eisen öffentlechen Bibliothéiken. Et geet dobäi ëm eng ganz Rei vu wichtegen Uleissen: d'Selektioun vun de Wierker, déi ugeschaf ginn, de Catalogage vun de Bicher; d'Vernetzung mat anere Bibliothéiken; den allgemenge Funktionement; d'Orientatioun vun den Angeboter fir de Public; d'Organisatioun vun de Kontakter mat de Clienten; d'Architektur an den Équipement; d'Ariichten an d'Funktioen vun all Raum, deen zur Verfügung steet; d'Gestioun vun de Mataarbechter; administrativ a finanziell Froen.

Selbstverständlech wär et optimal, wa méiglechst all Haus dobäi op d'Mataarbecht vun Experten, a besonnesch vu professionellen ausgebildeten Bibliothekaren ziele kéint. Mä engersäits stinn déi dofir néideg Mëttelen net zur Verfügung, an anersäits géif een eemol méi iwwert de Goal schéissen.

Mat der Ministesch zesummen huet d'Chamberskommissioun eng Léisung gesicht, déi den Objectif vu méi Professionalitéit garantéiert, ouni awer där einzelner Bibliothéik ze vill staark Contrainten opzelueden. An eiser Nationalbibliothéik entsteet en neien Departement: de Service des bibliothèques publiques. De Service ass geduecht als Kompetenzzentrum, als Centre de ressources am Beräich vun der Bibliothéconomie.

Seng Missioun ass et, fir déi regional a lokal öffentlech Bibliothéike fachmännesch ze ënnerstëtzen an ze beroden. Dobäi stinn dräi Aspekter am Mëttelpunkt: éischens, de Fonds documentaire vun all Haus; zweetens, de Katalog an d'Vernetzung op deem Plang mat deenen anere Lëtzebuerger Bibliothéiken; drëtzens, d'Formatioun an d'Weiderbildung vun de Mataarbechter.

Ech hu schonns gesot, dass eis öffentlech Bibliothéiken opgeholl ginn an en nationale Bibliothéikréseau: de Bibnet.lu. Dat Netz gëtt koordinéiert vun der Nationalbibliothéik. 2009 waren hei 33 Bibliothéiken affiliéiert, ënner hinnen eis Universitéit, d'Archives nationales, de Statec, den Ceps an eng Rei Schoulen. De Réseau huet e gemeinsame Katalog mat elo schonns iwwer 750.000 bibliographeschen Notizen.

Selbstverständlech ass d'Informatik onverzichtbar. De Réseau verfügt iwwer e performante Logiciel, deen de Centre informatique de l'État iwwer eng öffentlech Ausschreiwung ugeschaf huet. Hei huet all öffentlech Bibliothéik, egal wéi e Statut se huet, d'Méiglechkeet, fir sech mat ze affiliéieren. Dee Logiciel bitt grouss Avantageen um Plang vun der technescher Gestioun vun de Bibliothéiken, mä en ass net geduecht, fir de Lieser pedagogesch oder kulturell benotzerfrëndlech Angeboter ze maachen. Op deem Plang hunn also aner Provideren hir Chance.

D'Iddi, fir d'Nationalbibliothéik méi staark mat anzubannen, fanne mer erëm an der Proposition de loi, déi den honorabelen Deputéierte Marco Schank am Juli 2007 déposéiert huet. Ech verweisen op den Exposé des motifs, an deem den Auteur d'Virdeeler vun där Léisung opzielt.

Eis Nationalbibliothéik kritt mam Gesetz, wat mer haut stëmmen, nach eemol nei zousätzlech Aufgaben. D'Membere vun der Kulturkommissioun wëssen, dass domadder zwee al Uleissen nei aktualiséiert ginn: d'Extensioun vum Staff an de Bau vun enger adequater Struktur.

Dat alles gesot, bleift all eenzel öffentlech Bibliothéik an hirer Gestioun autonom. Dat ass och mat de Garant dofir, dass eis Bibliothéike spezifesch lokal oder regional Profiler entwécklen. Dobäi wäerte geographesch, historiesch, ethnesch, kulturell a pedagogesch Aspekter eng Roll spillen. Ech freeë mech op eng faarweg Lëtzebuerger Bibliothéiklandschaft.

Den neie Conseil supérieur des bibliothèques, an deem all Bibliothéiken an och all aner implizéiert Parteie vertruede sinn, huet d'Aufgab, fir déi zwee Bausteng vun der Qualitéit a vun der Autonomie mat ofzesécheren.

«De temps en temps, j'allais passer une soirée à la bibliothèque municipale pour lire. C'était pour moi prendre un billet pour le paradis.» Här President, Madame Ministesch, Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Zitat vum Henry Miller wëll ech e Wuert Reklamme an eegener Saach maachen, oder besser gesot an der Saach vun eisem eegenen Haus.

Mir hunn an der Chamber eng ganz räich Bibliothéik, wou jiddweree vun eis gutt liese kann, Här Gira. Eng Bibliothéik mat iwwer 6.000 Bicher an 120 verschiddenen Zeitungen a Périodiken. De Schwéierpunkt läit bei de Froen vun der Politik, dem Droit, der öffentlecher Verwaltung, der Économie, der Sozialwëssenschaft an der Geschicht. Et rentéiert sech, fir eis Bibliothéik ze besichen. Dat kann ee reell a virtuell.

Eis Bibliothéik schafft selbstverständlech mat der Nationalbibliothéik zesummen. Mir hu keng öffentlech Bibliothéik, mä well mer an eisem Fundus Dokumenter hunn, déi ee soss net fënnt, kënnen och Leit vu baussen op Ufro hin heibanne schaffen. Fir den Detail, a besonnesch fir de Commentaire des articles, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech war impressionnéiert iwwert déi flott a konstruktiv Zesummenaarbecht an der Kulturkommissioun. Ech wëll dofir eiser Presidentin, alle Memberen, besonnesch dem Kollege Marc Angel, an och eise parlamentaresche Mataarbechter e grouse Merci soen. Ech krut d'Missioun, fir heimadder och den Accord vun der CSV fir de Projet de loi 6026 ze bréngen.

Ech halen op mat engem Shakespeare-Zitat, wat ee mat deem néidegen Humor genéisse soll: „My library was dukedom large enough“. An der franséischer Iwwersetzung klénge et och net schlecht: «Ma bibliothèque m'était un assez grand duché».

#### (Hilarité)

Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Mill Majerus. Merci och fir déi gutt Publicitéit, déi en eiser Bibliothéik vun der Chamber hei gemaacht huet. Als éischte Riedner ass déi honorabel Madame Anne Brasseur elo agedroen. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

► **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, et gëtt Floskelen am parlamentaresche Sproochgebrauch, déi wëllen, dass een déi meescht Rieden hei ufänkt, andeem een dem Rapporteur villmools Merci seet fir de gudden schrëftlechen a gradesou fir de gudden mëndlechen Rapport, e grouss Luef an Dank aussprécht.

Ech wäert dat awer hei net maachen. Firwat? Mä well ech fannen, dass dat hei net passend ass, well dat nëmmen eng Floskel ass. Ech wëll heimat ënnersträichen, dass dat, wat de Rapporteur hei gemaach huet, eng exzellent parlamentaresch Aarbecht ass a wäit iwwert dat erausgeet, wat normalerweis e Rapporteur mécht.

Wat wor nämlech geschitt? Mir haten e Projet de loi vun der Regierung hei virgeluecht kritt. E Projet de loi, dee wollt esou zentralisteschen sinn, dass all Eegeninitiative vun deene lokalen an den assoziative Bibliothéiken an d'Enkt gedréckt gi wär. Mir hunn an der Commissioun vill diskutéiert. Mir hate vill Interlocuteurs. Mir waren an d'Mierscher Lieshaus kucken. Mir hunn Interlocuteurs bei eis an de Fraktiounen em-pfaang.

An do wëll ech wierklech dem Rapporteur e grouse Merci soen, deen all déi Punkten opgegraff huet an dunn der Commissioun eng Rei Amendementer virgeluecht huet. Amendementer, déi an der Commissioun ugeholl gi sinn, an déi et fäerdeg bruecht hunn, dass déi zentralistesche Approche, déi d'Regierung virdru virgesinn hat, elo net méi esou zentralistesche ass. Och wann dee Projet, esou wéi en ons virgeluecht wor, a mengen Aen nach ëmmer op zwee Punkten - an ech wäert drop agoen - ze vill dirigistesche ass, dach ass dat hei eng enorm Verbesserung.

An ech wëll ons all heibanne soen, dass dat eng exzellent parlamentaresch Approche ass, an dofir onsem Kollege Mill Majerus e grouse Merci soen. Mir sollen ons e Beispill dorun huelen an ons Zäit huelen, ons an eng Matière eranzeknéien an dann ze kucken, esou d'Projeten ze änneren, wéi et am Intérêt vun der Saach ass. An dat ass hei gelongen.

#### (Interruption)

Den Här Rapporteur huet eng ganz Partie vun Zitater, souwuel a sengem schrëftlechen Rapport... An en huet jo elo grad nach säi Rapport mat Zitater gespéckelt. Dat weist och, dass hien e ganz grouse Lieser ass. A wann een e puer Zitater eraushëlt, dee vum Julien Green: «Une bibliothèque, c'est le carrefour de tous les rêves de l'humanité». Dat ass am Fong ganz schéin. Oder - an dat ass méi terre à terre; dat ass eng Source inconnue -: d'Bibliothéiken „rechnen sich nicht aus, aber sie zahlen sich aus“. Och dat ass wuel richtig.

Et sinn aner Zitater, wéi déi vum Samuel Johnson, dee sot: „No place affords a more striking conviction of the vanity of human hopes than a public library“. Ech weess net, ob dat zynesch gemengt ass oder wéi dat ze verstoen ass, mä op jidde Fall ass dat och eng Meenung, déi vertruede gëtt.

Ech mengen, heibanne si mer ons awer all eens, wellech Wichtigkeet d'Bibliothéiken an onser Wëssengesellschaft hunn. Dofir musse mer kucken, an dat ass awer net den Objet vun dësem Projet de loi, dass mer déi Jonk esou séier wéi méiglech zum Liese kréien. An dat geet iwwert d'Schoul, mä net eleng iwwert d'Schoul.

Mä et gouf emol eng Campagne am Éducatiounsministère, déi huet geheescht: „Lies dech duerch d'Liewen“. Do gouf et Lieszeechen an do stoung drop: „Lire nuit gravement à l'ignorance“. An ech fannen, dat ass e gudden Sproch, fir ze weisen, dass se an totalitäre Regimen ebe wollte verhënneren, dass d'Leit géife liesen, fir sech ze bilden. A mir solle jiddwerengem d'Méiglechkeet ginn an nach méi wéi d'Méiglechkeet ginn, mä se incitéieren an esou fréi wéi méiglech bei d'Buch bréngen. Dofir brauche mer en héich qualitative Service. Dee gëtt jo och elo hei duerch dëst Gesetz nach ënnerstëtzt.

Mir wëssen, dass et am Moment eng Nationalbibliothéik gëtt. Da gëtt et eng Bibliothéik vun der Universitéit. Et gëtt eng ganz Partie lokal Bibliothéiken. Et gëtt awer och associativ Bibliothéiken, déi duerch reng Bénévolé geleet ginn. An deenen ass e ganz grouse Merci ze soen, wann ech kucken, mat wellechem Engagement déi Leit dat maachen.

An den ursprüngelechen Projet, do hätt ee vill méi Qualifikatioun gebraucht, an dat hätt mat sech bruecht, dass déi Bénévolen net méi hätte kënnen an deem Mooss weiderschaffen. Dat wär schued gewiescht, op deenen hir Kompetenz ze verzichten. Dat wär och ongerecht gewiescht vis-à-vis vun deenen hirem Engagement.

Wat wichtig ass bei enger Bibliothéik, dat ass och, wou se geleeën ass. An ech huelen do d'Beispill vun der Bibliothéik vun der Stad Lëtzebuerg. D'Stad Lëtzebuerg hat eng Bibliothéik um éischte Stack am Centre Hamilius. Déi louch wuel gutt, well do all d'Bussen zesummekoumen, mä si wor net visibel.

Zënter dass d'Bibliothéik an de Cité geplënnert ass... An ech si frou hei ënnert dem Contrôle vun der Madame Kulturschäfte vun der Stad Lëtzebuerg, dem Lydia Polfer, ze schwätzen; an ech wor frou, als Schäfte kënnen mat un der Realisatioun vum Bau ze wirken. Sait also déi Bibliothéik do ass, huet d'Bibliothéik en enormen Essor kannt. Ech ginn lech just e puer Chifferen.





Den 1. September 2008 - also an der aler Bibliothéik - woren 11.477 Lieser ageschriwwen. Den 1. Abrëll 2010 - also elo virun e puer Deeg - woren et 24.201 Leit. Dat heescht, d'Zuel huet doubléiert an där Zäit. D'Zuel vun de Präten: Virun 2.000 - also bei der aler Bibliothéik - si pro Mount 2.000 Bicher ausgeléint ginn; haut sinn et der 9.000 bis 10.000 pro Mount. Dat heescht, véiermol méi. Dat heescht also net nëmmen, dass méi Leit an d'Bibliothéik kommen, mä et gött och vill méi ausgeléint.

An da Passage. Et wore virdrun 2.000 Leit, déi pro Mount an der Bibliothéik laanschtkomm sinn; elo sinn et 13.000 Leit pro Mount. Dat heescht, sechsmol méi. Do kënt awer nach derbäi, dass dat net nëmmen d'Lag ass, mä och d'Offer, déi d'Stater Bibliothéik de Leit gött, well et kann een d'Zeitung dohinner liese goen, et kann een Hebdomadairen dohinner liese goen; Leit, déi déi net wëlle kafen, wat jo awer och an d'Geld schléit. An déi gehéieren och zu deene Leit, déi do Passage hunn, genee wéi den Accès zum Internet.

Et muss een awer soen, domat komme se an de Kontakt vum Environnement vun der Bibliothéik a kréien och esou méi e lichten Zougank, fir dann och Bicher kucken ze goen. Dat dévloppéiert dann och d'Kultur vum Liesen. An dat ass e ganz gutt Beispill, wéi wichteg et och ass, wou déi Bibliothéik lokaliséiert ass.

Bei der Lokalisatioun vun der Bibliothéik hu mer jo ee Problem mat der Nationalbibliothéik. Si läit zwar gutt, mä si ass hoffnungslos ze kleng. An den Här Fayot, deen huet eng Question parlementaire gestallt, do huet e gëschter nach eng Äntwert drop kritt, an där ech gelies hunn, jo, d'Regierung hätt dat jo gesot, si géif dat maachen, mä d'Prioritéite wieren awer nach net fixéiert an dat géif dans les prochains mois geschéien; esou dass mer nach ëmmer net fixéiert sinn, wat dann elo mat der Nationalbibliothéik geschitt.

Et war jo e Projet, déi op de Kierchbiere ze setzen. Ech froe mech awer, ob dat eng gutt Iddi war. Ech hat jo eng perséinlech Proposition gemaach, d'Nationalbibliothéik an d'Villa Louvigny ze setzen, nämlech matten an d'Stad, quitte dass do hätte missen Transformatioun gemaach ginn, well an deem Tuerm hätt ee jo net kënnen alles ënnerbréngen. Mä dann hätt ee kënne matten an der Stad, am Park, e Liespark maachen, wou een och Concerthen hätt kënne maachen. Dat wier convivial gewiescht, an do hätten och méi Leit menger Meenung no Zougank kritt, wéi wann een dat op de Kierchbiere setzt, wou et dann awer als Nationalbibliothéik méi eng Fachbibliothéik gött. Mä et hätt ee vläicht méi Public kënnen an der Villa Louvigny och unzéien.

Mä elo zréck zu dësem Projet de loi. Et si verschidden Dispositiounen dran, wéi ech dat am Ufank gesot hunn, déi ganz streng reglementéiert waren an déi et elo nach ze vill sinn. Ech huelen do zwee Beispiller eraus: Dee vun den Heures d'ouverture. Et stoung... et ass elo e Règlement grand-ducal, dee soll da virschreien, wéi d'Heures d'ouverture vun de Bibliothéike sinn. Mä, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, wéi ee ka regelen, wéi dat soll sinn, à moins dass ee fir all Bibliothéik en eenzelne Règlement grand-ducal hëlt.

An dann hänkt et jo och dovun of vu Wanter a Summer. Ech ka mer virstellen, dass eng lokal Bibliothéik vläicht Colonies de vacances huet an dass een do am Summer vill méi laang muss op hu wéi am Wanter. Et hänkt vun der Populatioun of. An do muss ee jo och flexibel sinn. An ech mengen net, dass een dat duerch Règlement grand-ducal soll léisen.

An duerfir, Här President, hunn ech en Amendement bruecht, fir den Artikel 4 ze sträichen. En Amendement, dee vum Här Bettel, vum Här Bauler, dem Här Etgen, vun der Madame Polfer a vu mir ënnerschriwwen ass.

#### Amendement 1

L'article 4 est supprimé:

«**Art. 4.** La bibliothèque publique offre à ses usagers des plages hebdomadaires minimales d'ouverture qui sont précisées par voie de règlement grand-ducal.»

(s.) Anne Brasseur, André Bauler, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Lydie Polfer.

Dann, zweete Punkt, deen an onsen Aen och ze contrainant ass, dat ass den Artikel 5. Am Artikel 5, dee seet: «La bibliothèque publique met à la disposition de ses usagers une collection justifiant d'un caractère d'actualité, relative aux principaux domaines du savoir et de la culture, au moins dans les trois langues prévues par la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.» An dann am zweeten Alinea steet: «Les critères définissant les thèmes, le nombre des ouvrages et collections ainsi que les supports sont précisés par voie de règlement grand-ducal.»

Och do, mengen ech, geet dat wierklech ze wäit, an de Ministère leescht sech selwer kee gudden Déngscht, wann en hei muss e Règlement grand-ducal fixéieren, wéi déi Minimumen da sinn, wéi déi Theme solle sinn. Dat ass an onsen Aen och, éischstens, net machbar, an zweetens ze dirigistes, an do soll een de Leit vun de Bibliothéiken op der Plaz Confiance maachen, wéi déi hir Bibliothéiken organiséieren a wellech Ouvragé se dranhuelen. An duerfir wollt ech en zweeten Amendement proposéieren, deen den zweeten Alinea vum Artikel 5 proposéiert ze sträichen.

#### Amendement 2

L'article 5 est modifié comme suit:

«**Art. 5.** La bibliothèque publique met à la disposition de ses usagers une collection justifiant d'un caractère d'actualité, relative aux principaux domaines du savoir et de la culture, au moins dans les trois langues prévues par la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.

~~Les critères définissant les thèmes, le nombre des ouvrages et collections ainsi que les supports sont précisés par voie de règlement grand-ducal.»~~

(s.) Anne Brasseur, André Bauler, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Lydie Polfer.

En drëtte Problem, dee sech stellt am Zusammenhang mat dësem Projet de loi, dat ass dee vum Logiciel, dee gebraucht gött, an de Rapporteur ass elo grad a senger Stellungnahm drop agaangen. D'Bibliothéike solle matenee vernetzt ginn, an et schéngt mer evident, dass een déi och muss informatesch an engem Réseau vernetzen. Or, et gött eng Partie lokal Bibliothéiken an Associatiounsbibliothéiken, och beispillsweis d'Bibliothéik vum Mudam, déi gräife fir hir Gestiou op e Logiciel zréck, dee vun enger Lëtzeburger Firma dévloppéiert ginn ass, déi am Educatiounsberäich enorm Efforté gemaach huet. Eng Lëtzeburger Firma, déi ganz vill a ganz flott Aarbecht gemaach huet an e gudden Essor kennt.

Wa mer dee Projet esou hei an der Praxis och duerchzéien, da riskéiere mer, dass déi Firma déi Logicielen net méi ka bei deenen ubréngen, an dat wier wierklech net gutt. An duerfir sinn ech der Meenung, dass een net kann enger Bibliothéik virschreien, wat se soll als Logiciel huelen, well de Responsable vun der Lëtzeburger Firma no ass iwwerhaupt kee Problem vun Interopérabilité tëschent deenen zwee Systemer.

An duerfir, Här President, wëll ech eng Motioun déposéieren, déi freet, dass d'Regierung awer soll kucken, déi Interopérabilité ze préiwen a wou ech froen: «...faire vérifier par ses services concernés la compatibilité et l'interopérabilité des deux logiciels en question; renoncer en cas de compatibilité et d'interopérabilité avérées à imposer à toute bibliothèque souhaitant rejoindre le réseau des bibliothèques luxembourgeoises d'adopter le logiciel informatique géré par la Bibliothèque nationale». An déi Motioun dréit och déi Ënnerschrëften, déiselwecht wéi virdrun d'Amendementen.

#### Motion 1

La Chambre des Députés

- *considérant que le projet de loi vise à inciter les différents types de bibliothèques à coopérer et à se fédérer au sein d'un seul réseau, à savoir le réseau bibnet.lu des bibliothèques luxembourgeoises;*

- *sachant que les systèmes de gestion informatiques et les outils connexes sont gérés et développés par la Bibliothèque nationale de Luxembourg (BnL) depuis les années 1970;*

- *constatant que la mise en réseau des bibliothèques luxembourgeoises aura pour corollaire l'utilisation d'un logiciel informatique commun (ALEPH);*

- *considérant que toute bibliothèque souhaitant rejoindre le réseau des bibliothèques luxembourgeoises se voit ainsi contrainte d'adopter le logiciel informatique géré par la BnL;*

- *considérant qu'une situation de monopole se verrait ainsi créée;*

- *rappelant les lois européennes de la libre concurrence et de la compétition;*

- *estimant que toute bibliothèque locale ou associative devrait pouvoir utiliser le logiciel informatique de son choix, même après avoir rejoint le réseau des bibliothèques luxembourgeoises;*

- *consciente des avantages du recours à un catalogue collectif, reposant sur un système de gestion commun;*

- *constatant qu'il existe toutefois d'autres logiciels informatiques dont l'interopérabilité avec le système informatique utilisé par la BnL est assurée;*

- *considérant qu'il existe un logiciel informatique (OLEFA-LIB) susceptible d'apporter une plus-value réelle au niveau de la gestion interne informatique et organisationnelle des bibliothèques, et de leur permettre, avec comme finalité de rendre service aux communautés locales, de gérer et d'animer des activités culturelles et/ou pédagogiques via une plateforme intégrée et via un portail Internet attractif (reflétant l'identité spécifique et individuelle de chaque bibliothèque (Corporate identity));*

- *considérant que ce logiciel a été élaboré par une entreprise innovatrice luxembourgeoise;*

- *redoutant que l'obligation pour toute bibliothèque souhaitant rejoindre le réseau des bibliothèques luxembourgeoises, d'adopter le logiciel informatique géré par la BnL risque de réduire à néant des années de recherches et de développements informatiques consenties par une entreprise luxembourgeoise et de l'empêcher de développer son activité économique dans ce domaine, à engager des jeunes informaticiens, de les maintenir dans l'emploi et de contribuer à la diversification de l'économie nationale,*

*invite le Gouvernement à*

- *faire vérifier par ses services concernés la compatibilité et l'interopérabilité des deux logiciels en question;*

- *renoncer en cas de compatibilité et d'interopérabilité avérées, à imposer à toute bibliothèque souhaitant rejoindre le réseau des bibliothèques luxembourgeoises d'adopter le logiciel informatique géré par la BnL.*

(s.) Anne Brasseur, André Bauler, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Lydie Polfer.

Wann ech dat froen, dann - an ech hat gesinn, d'Madame Minister huet elo grad de Kapp gerëselt - wann ech dat froen, déi Leit, déi déi dote Firma hunn, déi si wierklech ganz inquiet, an ech versti se och, a si soen, et ass kee vun offizieller Säit, deen ons nolauschtert. Duerfir soe mer jo net, Dir musst dat zouloossen. Mir hätte gären an onser Motioun, dass déi Compatibilitéit an Interopérabilitéit wierklech gepréift ginn.

Mir probéiere soss mat grouse Moyene Firmen unzezéien, Leit ze incitéieren, Firmen ze grënner, mir soen „Trau dech“, an hei hu Lëtzeburger sech wierklech getraut, eppes ze dévloppéieren, an déi gesinn elo, dass awer ee vun deenen Outilen, déi se dévloppéiert hunn, dass dee manner Wäert kritt, en Outil, deen awer den Utilisateuren no och formidabel ass.

D'Madame Minister rëselt weider de Kapp, mä da ka se hir Awänn jo duerno bréngen. Dat Eenzezt, wat ech froen, dat ass, kommt, mir kucken dach, dass mer wierklech eens ginn, dass mer där Firma do - et ass eben déi, et kënt och eng aner sinn - awer d'Chance loossen op deemselwechte Marché ze sinn.

Wann ech kucken, wat sech Méi gi gött, fir... wéi fantastesch Lëtzebuerg ass. Hei hate mer eng Publikatioun vun der American Chamber of Commerce zu Lëtzebuerg, déi e Buch erausginn huet, fir ze soen, wat een alles zu Lëtzebuerg kéint maachen. Et soll ee Firma grënner. Hei hu mer Lëtzeburger, déi eng Firma gegrënnt hunn.

Mä da kommt, mir ginn deenen och d'Chance, sech weider ze dévloppéieren, well dat do wier e Produit, dee kéint een och ganz gutt exportéieren. An duerfir, wann ech gelift, kuckt dat do, an ech géif wierklech d'Majoritéit och bieten, dës Motioun matzestëmmen.

Mir brauchen e Kader fir d'Bibliothéiken, an et huet jo laang gedauert, bis mer dozou waren. Onse fréiere Kollege a jëtzege Regierungsmember Schank hat jo och eng Proposition de loi gemaach. Mä déi éischt Proposition de loi ass vun 1928! Et gesäit een also, dass verschidde Saache laang brauchen oder - ech géif en Terme vun haut gebrauchen - nohalte sinn. Elo komme mer endlech derzou, e Projet ze stëmmen.

Dass et awer scho verschidden Zesummenaarbechte vu Bibliothéike gött: Et gött dee Lëtzeburger Bibliothéike-Guide, dee mer kruten, deen och exzellent ass, wou een dra kann noschloen, wat et alles vu Bibliothéike gött, och vun associative Bibliothéiken. An dat ass wierklech eng exzellent Aarbecht, déi vun der Associatioun vun de Bibliothécairé gemaach ginn ass. A jiddwereen, deen drun interesséiert ass, dee sollt sech dat emol ukucken, well do wäertvoll Informatiounen drastinn.

Fir dat Ganzt dann ze géréieren, gött e Conseil supérieur des bibliothèques geschaaft. An do wollt ech froen: Wéi vill Conseil-supérieurs hu mer? Ech mengen, als Chamber wier et gutt, wa mer dat emol eng Kéier géifen nokucken, a wellechen Domänen a wat se bis elo bruecht hunn. Well ech mengen, wann een e Problem huet, léist een en net, andeem een nach e Conseil supérieur weider kreéiert, wou da ganz vill Leit dra sinn. Ech mengen och net, dass dat eppes géif dozou bäidroen. Ech wëll mech deem awer net opposéieren.

No all deene Remarqué wollt ech soen, dass ech frou sinn, dass de Projet do ass, dass en esou amendéiert ginn ass vun der Kommissioun, wéi mer e virleien hunn, och wann en net op all de Punkten deem entsprécht, wat d'DP sech virgestallt hat. Duerfir hu mer d'Amendementer bruecht. Mä ech wollt awer soen, dass dat hei e Schrëtt an déi richtig Richtung ass an duerfir d'DP-Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Brasseur Merci, an als nächste Riedner ass den Här Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Merci, Här President. Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, stellt Iech e Land vir ouni Kultur. E Land mat op enger Säit nëmme Fabrëcken, Büroen, Verwaltungsgebaier, Schoulen, an op där anerer Säit Konsumtempelen oder Shoppingzentren. Ech mengen, dat wier schrecklech! Firwat maachen ech dës Ausso? Well ech an deene leschten Deeg op verschiddenen Internet-siten, ech weess net méi, op wéi engem et war, ob et op deem vun der DP war oder engem anerem, gelies hunn, mir sollen de Kulturministère ofschaffen, da géife mer vill Sue spueren.

#### (Interruption)

Neen, ech weess net méi, wou ech dat gelies hunn, Facebook oder... Mä ech hunn dat e puermol gelies, an dat huet mech schockéiert. Dat huet mech schockéiert a mech erschreckt, an och opgefuert ze reagéieren. Ech si frou, dass mer an engem Land liewen, wou et niewent Aarbecht, Famill a Frënn och nach Kultur a Sport gött a vill aneres, an dass de Stat investéiert an d'Vollektsgesondheet, déi kierperlech souwéi och déi geeschteg.

Kulturtempelen, grousser oder klenger, kreéieren och Aarbechtsplazen, net nëmmen där kuerzfristeger, wann e Gebai gebaut gött, mä och där laangfristeger, wa Leit do schaffen. Kulturoasen - an d'Bibliothéiken, vun deene mer haut schwätzen, dat si Kulturoasen - sinn, mengen ech, eppes ganz Wichteges. An d'Buch, beson-





nesch d'Buch, an domadder natierlech och d'Liesen, ass e Bestanddeel vun der Kultur. Duerfir sinn ech frou, dass mer haut dee Projet de loi hei zur Ofstëmmung hunn.

Ier ech op de Fong aginn, wëll ech awer eng Rei Merci lassginn: Éischtens dem Mill Majerus, an zwar net nëmme fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, mä awer virun allem fir säin Asaz bei deemem Projet an der Kommissioun, awer och doriwwer eraus. Zesumme mat der Kulturkommissioun huet hien an exzellerter Zesummenaarbecht mat eis alleguer aus der Kommissioun, awer och mat der Madame Ministesch a mat hire Mataarbechter, vum 26. Oktober 2009 un a siwe Sitzunge wierklech eng exzellent parlamentaresch Aarbecht geleescht, dese Projet vläicht méi kloer gemaach, méi lieserlech, an och vläicht de Realitéite vum Terrain besser ugepasst. Zesumme mat der Ministesch an hire Mataarbechter an der Kommissioun hu mer iwwer 20 parlamentaresch Amendementer ausgeschafft, an ech wëll hei awer och der Madame Cloener, eiser Sekretärin vun der Kommissioun, Merci soen.

All dëst war awer nëmme méiglech duerch dräi Ursachen: Éischtens, well d'Madame Minister an hir Mataarbechter mat sech schwätze gelooss hunn a selwer bereet waren, Ännerung zouzeleossen a kollegial matzeschaffen. Hinnen also och e Merci; zweetens, well mer als Kommissioun zweemol eise Kommissiounssitzungssall verlooss hunn an op den Terrain gaange sinn, fir déi Betreffen ze begéinen. Mir haten, wéi gesot, eng Entrevue an der Bibliothèque nationale, wou ech och der Madame Kieffer Merci soen an hire Mataarbechter, am Mierscher Lieshaus, Merci dem Kolleeg Claude Adam. Am Mierscher Lieshaus waren awer och Verrieder vun der Ourdall-Bibliothéik zu Veianen, eng ganz kleng, an och vun der Escher Stadbibliothéik, eng grouss Bibliothéik.

Dat waren also dräi öffentlech Bibliothéiken, grouss, mëttelgrouss a kleng, an d'Erausfuerderung beim Verbessere vum Text war jo, den Text esou ze adaptéieren, dass déi grouss Bibliothéiken domadder liewe kënnen, dass déi mëttelgrouss Bibliothéiken domadder liewe kënnen an dass déi kleng Bibliothéiken domadder liewe kënnen, an dass déi dräi Zorte vu Bibliothéiken, an dertëschent gëtt et bestëmmt nach Échelonen, dass déi sech kënnen weiterentwéckelen - wat jo d'Zil war vun der Ministesch, dass déi sech kënnen weiterentwéckelen -, dass kee gebremst gëtt, an dass och kee fäerte muss, dass et ze vill gi wier fir hien.

Während där Visite ass eis och nach méi bewusst ginn, wéi wichteg d'Roll vum Bénévolat ass. De Rapporteur huet et ugeschwat, an ech wëll awer ënnersträichen, dass och am urspringlechen Text d'Roll vum Bénévolat erkannt gi war, an dass och deem Text d'Bénévolat kengesfalls futti gemaach hätt.

Déi drëtt Ursach, firwat ech mengen, dass mer als Kommissioun der Realitéit um Terrain méi no komm sinn, waren och déi vill schrëftlech Avisen, déi eng grouss Hëllef waren. Dat waren den Avis vum Syvicol, dee vun der Albad, dee vun der ULBP an och dee gemeinsamen Avis vum Centre de documentation vun der Asti, vum CID-femmes, vum Centre d'information Tiers Monde a vum OekoZenter. An natierlech och dem Statsrot säin Avis war och net oninteressant. De Rapporteur, an awer och d'LSAP-Fraktioun, hunn och an Entrevuen ausserhalb vun der Chamber während där ganzer parlamentarescher Aarbecht verschidden Acteurë getraff, an ech mengen, datselwecht gëllt och fir déi aner Fraktiounen. Et war also fir mech, an ech hoffen och fir déi aner Kollegen an der Kulturkommissioun, eng flott an eng ganz léierräich Erfahrung.

Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer och d'Viraarbecht vun zwee Kollegen, dem Marc Zanussi an dem Marco Schank, déi allen zwee eng Proposition de loi hei am Parlament déposéiert hunn, ervirsträichen. De Marc Zanussi, dee jo leider net méi ënner eis ass an dee mer och vill vermessen,

huet am Joer 2003 e gudden Text virbruecht, de Marco Schank am Joer 2007, an ech weess och, dass de Rapporteur vill Kontakt hat mam Marco Schank an him och nogelauschert huet. De Projet de loi vun haut dréit also och e bëssen d'Ennerschrëft vun hinnen.

De Rapporteur weist a sengem Rapport och op eng Feuille de liaison vun der Albad hin, déi den Här Reding geschriwwen huet am Joer 2007. Och déi war interessant ze liesen. Wann een all déi Dokumenter nogelies huet, ass engem ëmmer méi kloer ginn, wéi wichteg liesen ass a wéi wichteg d'Roll vun öffentleche Bibliothéiken ass, an dat och am Zäitalter vun der Informatiounstechnik a vun dem E-Book. Dat flottst Zitat - mir hate schoonn eng ganz Rëtsch vun Zitater, ech wäert lech nëmme eent bréngen, wat mir am beschte gefall huet - dat war eent vum fréieren däitsche Bundeskanzler Helmut Schmidt, dee seet „Bibliotheken, geistige Tankstellen der Nation“.

D'Ariichten, d'Schafen an d'Entwéckele vu Bibliothéike gehéieren säit jeher zur Tradition vun de Sozialisten a vun der Sozialdemokratie. D'Zil vun der Autodidaktik, dat heescht d'Méiglechkeet vun engem Bierger, onofhängeg vu senger Hierkunft, sech selwer - mat genuch zur Verfügung stoende Mëttelen, ënner anerem Bibliothéiken - fortzebilden a sech esou eropzeschaffen, huet an der heiteger Wëssensgesellschaft net un Aktualitéit verluer. Duerfir sinn ech frou iwwert déi zwee éischt Artikel vum Gesetz, déi des Iddi erëmspiegelen. Den Artikel 1, dee jo ganz kloer seet, dass mer heimat eng besser Diffusioun vun der Wëssensgesellschaft un all Couché vun der Populatioun erreeche wëllen an duerfir e Kader schafen, fir dass déi öffentlech Bibliothéiken um Ensembl vum Territoire sech entwéckelen a fir d'Résidenten eng Égalité d'accès assuréiere kënnen, an och, dass all Mënsch, egal a wéi engem Of-schnëtt vu sengem Liewen en ass, e Liewe laang ka léieren.

Och den zweeten Artikel, dee schreift vun engem „Service accessible à tous sans distinction d'âge, de race, de sexe, de religion, de nationalité, de langue ou statut social“. Do hu mer d'Terminologie vun der Unesco geholl, an ech fannen et wichteg, dass och dat draasteet. Den Artikel 2 ass och interessant, well en definéiert och, wien esou eng öffentlech Bibliothéik gëréieren däerf. An hei hu mer och guer kee rigide Kader. Dat ass guer kee reglementaristesche Kader.

**(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)**

Mir hunn eis hei net op ee Modell festgeluecht. Mir kruten e Projet, deem niewent de Gemengen et och erlaabt huet, dass Syndikater vu Gemengen oder all aner Personne morale de droit public oder privé kann d'Initiativ huelen, esou Bibliothéiken ze gëréieren - dat ass jo schoonn deelweis de Fall -, awer och neier ze maachen. Ech fannen dat wichteg, dass mer do net op ee Modell gaange sinn, dass mer net nëmme gesot hunn, nëmme Gemengen, mä dass och Leit, déi a Gemenge wunnen, wou keng Moyene sinn oder wou kee Wëllen ass, fir esou eppes ze schafen, aner Initiative kënnen hei an d'Liewe geruff ginn, an da vum Kulturminister, vun der Ministesch kënnen ënnerstëtzt ginn.

Och d'Notioun vun der Gratuitéit, mengen ech, wollt ech ënnersträichen, ass fir eis als LSAP wichteg, den Artikel 3. Wéi mer um Terrain waren zu Miersch, hu mer gesinn, do hu mer och eng Diskussioun iwwert déi sougenannte Cartes de lecture, d'Lieserkaarte gehat, déi en moyenne an deene verschiddene Bibliothéiken tëschent aacht an zéng Euro kaschten an déi d'Bibliothéiken iwwregens benotzen, fir hir Participatioun un den Droit-d'auteurë kënnen ze bezuelen. Mä am Allgemenge setzt d'Gesetz hei fest, dass d'Bicher-Léine gratis ass. Ech mengen, an der Gemeng Lëtzebuerg huet et fréier eppes kascht. Do hu mer dat och ageféiert, d'Gratuitéit, well et war méi en administrativen Opwand, eng Keess do ze féieren, wéi d'Bicher gratis ze verléinen.

Mir haten déi Diskussioun iwwert d'Cartes de lecture, an ech kéint mer virstellen, dass an der Zukunft esou eng Carte de lecture op enger Säit d'Bibliothèque nationale hätt, an op där anerer Säit dann d'Bibliothèque publique, déi am nooste bei sech

ass. Ech mengen, do ass et um Terrain, un deene Leit, déi um Terrain sinn, fir ze kucken, wéi een dat kéint garantéieren.

D'Gratuitéit vun de Servicer a vun enger Bibliothéik opposéiert sech a menger Meinung net - an dat hate mer och an der Kommissioun geschwat - net dem Fait, dass een eng Carte de lecture muss hunn an eventuell eng kleng Participatioun muss ginn. All Bibliothéik kritt och d'Méiglechkeet, des Fraisën an hirem Règlement interne festzesetzen. Déi Kaarten, mengen ech, sinn awer wichteg an der Praxis, an noutwendeg aus techneschen Ursachen, well se kënnen Accès op all déi Services en ligne ginn, déi och d'Bibliothéiken haut offeréieren, a si hunn e Code, fir d'Lecturen ze identifizéieren.

Op d'Öffnungszäite wollt ech net länger agoen, mä d'Madame Brasseur huet en Amendement eraginn, fir den Artikel 4 ze sträichen. Ech mengen, mir hu jo - andeem mer den Text selwer schoonn amendéiert hunn a villes an de Règlement grand-ducal eragesat hunn - awer fonnt - an ech mengen, dat hat awer eng Majoritéit an der Kommissioun, ausser d'Verieder vun der DP waren do net dermat d'accord -, an och ech fannen, et ass awer wichteg, dass mer wéinstens minimal eng Pflicht virgesinn: Ech mengen, hei gëtt de Stat Suen, dann huet de Stat och d'Recht, awer eng minimal Öffnungszäit virzeschreiw. Dofir kann ech dat Amendement vun der Madame Brasseur net novollzéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten och eng Diskussioun iwwert de Réseau an iwwert den informatesche System. D'Madame Brasseur huet vu Problem geschwat. Eent vun den Ziler vun deem Gesetzestext ass et jo, e kohärente System opzebauen, an dat tëschent alle Bibliothéiken, an esou dem Lieser d'Méiglechkeet ze bidden, iwwerall Informatiounen iwwer all Buch - an dat an all Bibliothéik hei zu Lëtzebuerg - erauszufannen.

Dofir encouragéiert dese Gesetzestext, all Zorte vu Bibliothéiken zesummen an engem Réseau - Bibnet - funktionnéieren ze loossen. Wann d'Bibliothéiken zu engem gemeinsame Réseau gehéiere wëllen oder sollen, brauche si logescherweis och een eenzege Réseau, deem d'Harmonie an en effikasse Fonctionnement garantéiert.

Et ware jo do déi Kritiken opkomm, dass esou all Bibliothéik, och eng kleng, misst Member gi vun deem Réseau, an do ass och geschwat gi vun engem Monopol. Nodeems de Rapporteur kloer an därelech a sengem exzellente Rapport erkläert huet, wat fir Avantagen et huet, dass all Bibliothéiken an engem Réseau sinn a vun engem Logiciel profitéieren, well ech dëst hei net nach eng kéier ënnersträichen.

Mä ech wëll awer soen, dass de Choix vum informatesche System, deem et elo gëtt, de Bibnet ass; de Bibnet ass jo e Réseau, an déi mussen jo mat engem Provider schaffen, an dee Provider - an dat seet och de Conseil d'État a sengem Avis complémentaire vum 9. Mee -, deem ass enger Prozedur ënnerluecht ginn, dat war eng öffentlech Ausschreiwung, déi de Centre informatique de l'État gemaach huet, an de Conseil d'État erënnert drun, dass dat alles no de Regele vun eiser Gesetzgebung gaangen ass.

Ech wëll awer och soen - an de Rapporteur huet dat och gesot, a mir haten dat och an der Kommissioun beschwat -, en plus vum Fait, dass een am Réseau vun der Nationalbibliothéik Member gëtt - also am Bibnet - empêchéiert dat awer keng Bibliothéik, awer op Servicer vu private Fournisseuren - an hei ass dee Fournisseur, deem d'Madame Brasseur ugeschwat huet - zrëckzepräifen, fir och kulturell a pedagogesch Applikatiounen op d'Been ze setzen.

An ech weess och, dass d'Madame Éducationministesch, d'Madame Delvaux, déi jo, säit mer dat neit Grondschulgesetz hunn - wou et jo eng Obligatioun gëtt fir all Schoul, eng Bibliothéik ze hunn -, am Ministère zwee Fachleit agestellt huet, ech weess also, dass si amgaang ass, Best practices opzeschaffen, an och do gesinn ech Chancë fir déi Firma, déi d'Madame Brasseur ugeschwat huet.

Wann ech elo d'Schoul ugeschwat hunn, wëll ech just ervirsträichen, wat mer um Terrain geléiert hunn: wéi wichteg déi Bibliothéiken och si fir Schouלקlassen, dass se ausserhalb vun der Schoulbibliothéik och emol an aner Bibliothéike ginn. Zu Veianen krute mer gesot, dass all Klass eemol am Mount, all Primär-, all Grondschulklass vu Veianen eemol am Mount an déi Bibliothéik geet, an all Kand kritt ee Buch fir ee Mount mat heem. Ech fannen dat eng ganz gutt Saach.

Op de Finanzement wäert ech net ze vill laang agoen, et ass vill geschwat ginn iwwert d'Participatioun vum Stat un de Personalkäschten an un de Fonctionnementskäschten. Wat interessant war: Do war jo eng Polemik elo opkomm mat engem Pressecommuniqué vun enger Associatioun, an do gëtt och gemengt, well och elo thematesch Bibliothéiken - «des bibliothèques thématiques de droit privé» - kënnen mat a Réseauen agebonne ginn, dass dann de Kuch ze kleng géif gi fir déi öffentlech Bibliothéiken. Ech mengen dat net, well et steet genau am Artikel 14 jo och dran, dass ee muss «prendre en compte d'éventuelles autres subventions». Dat hu mer och esou an der Kommissioun geschwat, dofir deelen ech déi Angscht do net.

Eng kleng Remarque zu den «bibliothèques thématiques de droit privé»: Do sinn och Experten, déi soen, dat wier en Terme, deem et net gëtt. Jo, et gouf e vläicht nach net, mä elo gëtt et en! E steet an eise Gesetz, an deem Terme gëtt et an deem hu mir och an eise Exposé des motifs erkläert. Mir hunn och an der Kommissioun laang no deem Terme gesicht, an de Mill Majerus, mengen ech, war deem, deem e fonnt huet.

Wat wollte mer domadder soen? Ma ganz einfach: Mir hunn un d'Bibliothèques spécialisées geduecht, well och an engem Avis vun deene Bibliothèque-spécialiséen Rieds geet. Déi haten eis jo geschriwwen: „Wéi ass et mat eis?“ Jo, dunn hu mer gesot: „Wat ass eng Bibliothèque spécialisée?“ Dat war natierlech déi Bibliothéik vum CID-Femmes, déi vum OekoZenter, déi vun der ASTI. Mä dat kann awer och d'Bibliothéik... eng Bibliothèque spécialisée ass och eng Bibliothéik vun der Douane, zum Beispill, oder eng Bibliothéik vun engem anere staatlechen Institut. An déi wollte mer jo net mengen. Dofir hu mer versicht..., mat deem Terme «Bibliothèque thématique de droit privé» wësse mir op jidde Fall ganz genau, wat mer mengen. An et ass och ganz genau an de parlamentareschen Dokumenter definéiert, wat dat ass.

D'Professionaliséierung - e ganz wichtigen Aspekt - fannen ech, ass och an deem Gesetz gutt ervirbruecht. An ech fannen et och wichteg, dass een och d'Expérience vu Leit, déi laang do geschafft hunn, déi laang um Terrain waren, dass och déi honoriéiert gëtt, an dass och duerch déi Mesure de transition - wou de Stat sech jo verpflichtet, Formatiounen ze organiséieren - dass dat et och méiglech mécht, dass kee ka soen: „Et geet mir ze séier“. Ech fannen, dat si gutt Punkten an deem Gesetz, gradesou wéi déi Punkte vun de Synergien, wou d'Virriedner schoonn drop agaange sinn.

Den Artikel 19, de «Service des bibliothèques publiques», deem an engem kritesche Communiqué als „Sous-sous-sous-service“ beschriwwen gëtt, gesinn ech guer net esou. Seng Roll vun der Expertise vum Conseiller professionnel, wat d'Formation ugeet - ech fannen, mir hunn am Gesetz déi Missioun, déi Roll vun deem Service gutt beschriwwen. An et ass wéi mat allem: Et ass herno, wat um Terrain geschitt, wat déi Leit maachen, déi an deem Service sinn - do kënnen si Pignon sur rue hunn an awer wéi eng kleng Maischen roueg do-banne sinn an net vill bewegen, oder se kënnen um zweete Stack, um drëtten Stack vun der Bibliothèque nationale setzen, an awer immens vill bewegen, wa se motivéiert sinn. An ech mengen, ech gesinn dat op kee Fall als eng Sous-sous-section un.

Urspringlech waren zwee Organes consultatifs virgesinn. De Statsrot huet jo och fonnt, dat wier ze vill. Dofir hu mer nach eent, an dat ass de Conseil supérieur des bibliothèques. Mir hunn dat schéin age-





deelt an d'Missiounen an och an d'Kompositioun. Op d'Missioun wëll ech net méi agoen, do sinn d'Virriedner, déi geschwat hunn. D'Kompositioun fannen ech och relativ ausgeglach. Ech mengen, et si Représentantë vun all Bibliothéik do. Et sinn der vun der ULBP dran, Syvicol, Direktere vu verschiddene Kulturinstituter, an - wat ech och wichteg fannen, dass mer dragesat hunn - een Expert en bibliothéconomie.

Do ass just meng Fro: All déi aner ass et liicht erauszefannen. Do, huelen ech un, freet de Ministère de Syvicol: „Schéckt eis een“. E freet e Kulturinstitut: „Schéckt eis een“. E freet eng Associatioun, dann hunn déi e Comité, dann designéieren déi een. Just bei deem Expert en bibliothéconomie, do wier ech frou, wa mer do eng transparent Prozedur..., wann de Ministère do géif eng transparent Prozedur fannen, dass een do eventuell en Opruff mécht, dass dat nozevollzéien ass, wéi deem nominéiert gëtt.

D'Konklusioun, Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären: Dëst Gesetz wäerte mir als LSAP selbstverständlich matstëmmen. Ech hu virdru gesot bei engem Punkt - mä dat gëllt fir dat ganz Gesetz -: „Dëst Gesetz steet a fält mat der Ëmsetzung.“ A wann ech Ëmsetzung mengen, da gëtt ëmmer direkt mam Fanger op e Ministère gewisen: sécher, och de Ministère. Mä ech mengen, deem seng Missiounen stinn an den Artikelen, an d'Aufgabe si ganz kloer geregelt. Mä ech mengen awer besonnesch d'Ëmsetzung um Terrain duerch d'Leit vun der Nationalbibliothéik an de Gemengen, d'Associatiounen, d'Personal, wat herno an deene Bibliothéike schafft, och am Bibliobus: dass zesumme geschafft gëtt – zesummeschaffen! Wann hei herno een deem anere säin Däiwel ass, da kënne mer d'Zil vun dësem Gesetz, dat jo ass, weider Bibliothéiken ze kréien, fir weider d'Bibliothéiken ze entwéckelen, da kënne mer dat Zil begreuen.

Ech mengen, mir an der Politik hu wierklech eist Bescht gemaach, mat der Madame Minister, mat de Kolleegen aus der Kommissioun, mam Rapporteur. Mir hu bewisen, dass mer kënne zesummeschaffen. D'Madame Minister huet bewisen, mir Deputéierten hu bewisen, dass mer kënne Waasser an eise Wäin schëdden. Dofir hoffen ech, dass och um Terrain dobaussen déi Leit, déi dat hei mussen ëmsetzen, dass do deen nämlechte Wëlle besteet. An deem nämlechte Wëllen, fir och vläicht emol... Jo?

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Här Angel?

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Jo.

► **Mme Anne Brasseur (DP).**- Ech froe mech awer, ob d'Madame Minister als Misdeler d'accord ass, fir Waasser an de Wäin ze schëdden, am richtege Sënn.

**(Brouhaha)**

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Dat musst Der si herno froen.

**(Hilarité)**

Ech mengen, ech hunn zu Wien studéiert; do hu mer ëmmer „Gespritzener“ gedronk. Dat war hallef Wäin an hallef Sprudellaasser.

**(Interruptions)**

An am Summer ass dat ganz „erfrischend“.

**(Interruptions)**

Jo. E Vin Vichy, wéi se hei soen.

**(Interruptions)**

An ech mengen, op der Musel maache se dat och heiansdo.

**(Interruptions diverses)**

Gesitt Der, dat ass den Ënnerscheed, Här Bettel. Dir drénkt „Veuve Clicquot“, ech drénke Vin Vichy; also.

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Oh, ech hunn lech och schonn aner Saache gesinn drénken!

**(Hilarité)**

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Ech wollt zwou ganz kuerz Saache soen. Ech wollt eppes ganz Perséinlech soen, wéi wichteg d'Liesen ass. Ech hunn dat gesi bei mengem Papp. Deen ass ee Joer am Krich verstoppt gewiescht. An dat Joer huet en

iwwerlieft am Dag, well en eng Bibliothéik hat, wou en an deem Haus war, konnt e liesen. E konnt nëmmen nuets rausgoen. An als jonke Mënsch vun 19 Joer, wou een am Summer agespaart ass, huet d'Liesen him wierklech d'Liewe gerett, an och déi lescht fënnef Joer, wou e wierklech ganz krank war, net méi vill konnt maachen, hat en awer nach e schéint Liewen, well e konnt duerch d'Liesen hei bleiwen. An ech mengen, vill Mënsche kéinten esou Beispiller ginn, wéi wichteg d'Liesen ass.

An zum Allerleschte wëll ech erënneren un d'Interpellatioun - an d'Madame Brasseur hat dat och gemaach - vum Ben Fayot iwwert d'Nationalbibliothéik hei, dee jo geschwat huet vun der future BNU - Bibliothèque nationale et universitaire. Ech hunn och de Regierungsprogramm nogelies. Do steet dran, d'Regierung géif en neit Gesetz erabréngen, fir de Statut vun där BNU ze regelen. Ech wär frou, wa mer déi Diskussioun an der nääherer Zukunft och eng Kéier kéinten ugoen.

Fir eis LSAP ass et nämlech wichteg, dass déi Nationalbibliothéik, déi BNU, déi future BNU, als Élément fédérateur iwwert dem ganze Bibliothéikswiesen hei zu Lëtzebuerg steet an dass se och adequat Infrastruktur kritt. Ech mengen, d'Madame Brasseur, mam Beispill vun der Gemeng Lëtzebuerg, wou se gewisen huet, wann eng Bibliothéik e moderne Site Pignon sur rue kritt, wat dat kann e Succès ginn. An ech mengen, och d'Nationalbibliothéik oder déi future BNU hätt esou Infrastrukturen hei um Gebitt vun der Stad Lëtzebuerg verdéngt.

Dat gesot, soen ech lech Merci an ech ginn, wéi gesot, nach eng Kéier den Accord vun eiser Fraktioun fir dese Projet de loi.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Angel och Merci. An ech ginn dann als nächste Riedner dem honorabelen Här Adam d'Wuert.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass ee groussen Dag fir d'Bibliothéikswiesen zu Lëtzebuerg am Allgemengen a ganz speziell fir d'öffentlech Bibliothéiken.

D'Gesetz iwwert déi öffentlech Bibliothéiken hat eng immens laang Ulafzäit. Et ass an der zweeter Halschent vum leschte Jorhonnert villes futti gemaach ginn oder verluer gaang, wat mer schonns am Bibliothéikswiesen haten. Mä de Fait, dass mer haut dësen Text zur Ofstëmmung virleien hunn, léisst hoffen, dass de Sënn an Notze vun engem Réseau vun öffentleche Bibliothéike sech allgemeng duerchgesat huet; dass d'Zukunft fir d'öffentlech Bibliothéikswiese méi roseg ausgesäit wéi déi rezent Vergaangenheet.

De Projet de loi 6026 iwwert d'öffentlech Bibliothéiken ass d'Resultat vun e puer Auteuren. Ech weess net, wien un der éischer Fassung vun dësem Projet matgeschafft huet. Ech weess awer, wien eng ganz wichteg Roll gespillt huet, fir zu dëser Fassung, déi mir haut zum Vote virleien hunn, ze kommen. Den honorabele Rapporteur, de Mill Majerus, huet den ursprüngleche Projet zimlech wäit ëmgebaut, esou dass e fir déi momentan 15 existéierend öffentlech Bibliothéiken definitiv méi positiv ass.

Den Ureegung vun der Unioun vun den öffentleche Bibliothéiken zu Lëtzebuerg ass zum gréissten Deel Rechnung gedroe ginn, an ech soen dem Rapporteur duerfir Merci. Ee Merci also net nëmme fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport, mä och fir säin Asaz fir d'öffentlech Bibliothéiken hei am Land.

Mir gefällt och gutt d'Aart a Weis, wéi de Rapporteur säi Rapport mat Zitater ënnermoolt huet. Dat mécht d'Lecture vum Rapport besonnesch angenehm an dat reegt zu weideren eegenen Iwwerleeungen un. Interessant ass zum Beispill de Saz vum Anatole de Monzie, ee franséische Politiker aus dem Ufank vum 20. Jorhonnert, deen - niewebäi a besonnesch un d'Adress vun de Pedagogon ënner eis bemierkt- dem Célestin Freinet an den 30er Jore vum leschte Jorhonnert kräfteg op d'Zéiwe getréppelt hat. Dëse Saz ass hei

schonn zitéiert ginn - e steet och am Rapport -: «Quand on nous demandera compte de notre gestion gouvernementale, nous montrerons nos bibliothèques.»

Madame Presidentin, déi gréng si jo och kritesch mat der Regierung, mä esou destruktiv wéi mat dësem Saz bréinge mir eis Kritik awer sielen zum Ausdrock. An engem Land, wou d'Nationalbibliothéik dat absolut grousst Stéifkand vun der Kulturpolitik ass; an engem Land, wou mer risquéieren, dass wäertvoll Bicher an Textsammlunge verluer ginn, well mer se net an den adequate Raimlechkeete mat deenen noutwendige Moyene kënne stockéieren; an engem Land, wou déi leider vill ze wéineg öffentlech Bibliothéike bis haut zu 99% vun de Gemenge géréiert a finanzéiert ginn, do kann dee Saz aus dem Rapport, deen ech elo grad zitéiert hunn, just heeschen: «Nous montrons nos bibliothèques et nous nous rendons compte de la mauvaise gestion de tous nos gouvernements des dernières cinquante années.»

De Sozialist Jacques Thilmany hat a senger Proposition de loi aus dem Joer 1928 geschriwwen: „Gute Volksbibliotheken haben ungemein rasch das Niveau der allgemeinen Volksbildung. Volksbildung aber (...) drängt Aberglaube, enge konfessionelle Fesseln, Indolenz und Gleichgültigkeit zurück und wirkt geistig und körperlich befreiend.“ Muss een elo dervun ausgoen, dass et och zu Lëtzebuerg am Intérêt vun enger bestëmmter Classe politiek war, dass d'Vollek sech net ze vill geeschteg a kierperlech fräi gefillt huet?

Madame Presidentin, ech wëll net vun der Tribün profitéieren, fir alles opzezielen, wat mer am öffentleche Bibliothéikswiesen net gemaach hunn. Ech wëll meng Zäit léiwier drop verwenden, fir opzezielen, wat fir een immenst Potenzial am Bibliothéikswiese leie kann a firwat mir eis et net leeschte kënne, dëst Potenzial net ze notzen.

Fir d'éischt emol wëll ech drop agoen, wat dann haut eng öffentlech Bibliothéik muss bidden. Selbstverständlech an e éischer Stell muss eng Bibliothéik eng grouss Zuel u Medien hunn, op déi d'Benotzer kënne zrëckgräifen. Dat sinn un éischer Stell Bicher. Dat sinn awer net just Bicher. Dozou gehéieren och Hörbicher an Zäitschrëften. Gréisser Bibliothéike kënne och DVDen an hiert Sortiment ophuelen. All Bibliothéik muss awer och d'Méiglechkeet hunn, op Internet zrëckzegräifen. Eng Bibliothéik muss also och ëmmer eng Internetstuf sinn.

D'Offer vu Medie soll weinstens an deenen dräi offizielle Sproochen bestoen; esou steet et och am Gesetz. Englesch Medie gehéiere mëttlerweile och derzou. Iwwer aner Sproochen léisst sech diskutéieren, jee no der lokaler Demande. Mä hei gëllt och, dass net alles sënnvoll ass, wat machbar ass, an ëmgedréint.

Selbstverständlech mussen dës Medien all Alterskategorien uspriechen an esou wäit wéi méiglech all Gouten an Intérëten.

Eng öffentlech Bibliothéik léint Bicher aus, soll awer och Raimlechkeeten hunn, wou ee Bicher kann direkt a Rou duerchblieden a liesen. Et muss och méiglech sinn, eng Recherche ze maachen, op der Plaz Notizen ze maachen an ze verschaffen.

Doriwwer eraus muss an eisen Aen eng Bibliothéik awer och nach aner Aktivitéiten ubidden. Et geet net duer, e Gebai mat Bicher vollzustellen an drop ze waarden, dass d'Leit d'Bicher siche kommen. Mir mussen och bereet sinn, dass d'Bicher bei d'Leit kommen.

Do gëtt et schonn elo vill flott Beispiller: De Bicherbus - iwwert deen ass och scho geschwat ginn; dee jo och scho laang kee Bicherbus méi ass, mä e moderne Containercamion - fiert zënter Jore sechs Deeg an der Woch duerch d'Land. Huet vill Succès. Seng Clientë sinn zefridden, d'Équipe vum Bicherbus kritt vill Luef a wéineg Kritiken. Esou steet et um Site vum Kulturministère. An e bësse verbruet, schreift d'Équipe vum Bicherbus op deemselwechte Site: «À une époque où tout le monde se sent obligé de contester tout, l'équipe du Bicherbus s'engage.»

Mir halen och den Engagement vun de Bicherbusleit an Éieren a mir zweifelen net drun. Mir sinn awer der Meenung, dass d'Konzept vum Bicherbus muss iwwerschaafft ginn, dass grad wéi beim Brout a

bei der Mëllec, de Gros iwwer flott aménagéiert Zentre misst lafen. Bei Brout a Mëllec sinn dat d'Supermarchéen a bei Medien sinn dat d'öffentlech Bibliothéiken.

De Bicherbus, deen iwwregens och elo scho gutt mat öffentleche Bibliothéiken zesummeschaafft, wäert an Zukunft eng aner Ausrichtung vu senger Missioun kréien. Mir fannen duerfir och déi personell Verstärkung fir de Bicherbus, wéi se am Artikel 22 festgehal gëtt, am Moment schwéier novollzéierbar an e bësse contraire zu den Iwwerleeungen, déi an der Chamberskommissioun gefouert goufen an och am Rapport festgehal sinn.

Aner Weeër, fir Bicher bei d'Leit ze kréien, ginn och scho plazeweis ënnerholl. Sou gëtt et zum Beispill Projeten „Bicher doheim“, wou Fleegegedingschter Bicher bei d'Leit mathuelen, déi net méi mobil sinn. Dat ass natierlech alles net esou einfach. D'Fleegeversécherung huet keng Zäit fir esou ee Service ageplangt.

Interessant an zukunftschrähteg ass och d'Méiglechkeet, sech Bicher vun der Nationalbibliothéik an déi regional oder lokal Bibliothéike kommen ze loosse. Hei kënne sech zum Beispill Studenten den zäitopwendige Wee an d'Sad spueren, wa se vun dëser Offer Gebrauch maachen.

Doriwwer eraus muss eng Bibliothéik eppes ewéi e klenge Kulturcenter sinn. Och den e bësse verstëbste Begrëff vum „Volksbildungsveräin“ trëfft d'Saach am Kär eigentlech ganz gutt. Eng öffentlech Bibliothéik soll Coursen ubidden an der Lëtzebuerger Sprooch, Schreifateliere fir Kanner an Erwuessener, Diskussionskreesser iwwer Bicher, Lesezirkel, Autoreliesungen, eng Plattform fir Sproochdidaktik. Jo, ech stelle mer och vir, dass een an enger Bibliothéik och d'Méiglechkeet kritt, e Computerführerschäin ze maachen, an dass eng Bibliothéik Alphabetisierungscoursé fir Erwuessener kann ubidden.

Dat muss eng Bibliothéik natierlech net alles eleng maachen. Si soll, si muss mat aneren Institutiounen zesummeschaffen.

déi gréng sinn der Meenung, dass d'Bibliothéiken op engem fundamentalen moderne Konzept berouen. Et ass ëmweltgerecht an nohalteg, wann ee sech net all Buch keeft, dat ee méiglecherweis interesséiert, mä wann ee sech emol et fir d'éischt ausléint. Domat schount een net nëmmen déi endlech Ressourcen un Energie a Pabeier, et schount een och déi meeschtens endlech Ressourcé vum eegene Portmonni.

Haut sinn d'Wunnenge méi kleng wéi nach viru Joren. Net jiddwereen huet e Keller, e Späicher, wou en onendlech ka stockéieren. D'Leit wiesselen hire Wunnsätz méi oft. Et ass méi bëlle, méi bequem, méi ekologesch, sech seng Vakanzlecture auszeléinen an net alles ze kafen. Dat gëllt genau sou gutt fir Sachbicher, Kannerbicher an aner Bicher. Et wier fir eis Gesellschaft a ville Beräicher méi nohalteg, wa mir an eise Alldag méi op Austausch an Léine géife setzen, wéi op kafen a besëtzen.

Nom Zweete Weltkrich ass lues a lues zu Lëtzebuerg et mam Bibliothéikswiesen de Bierg of gaang. D'Meenung, mir wieren elo jo e räicht Land a jiddwereen, deen e Buch wéilt, kéint sech et jo och kafe goen, hat sech duerchgesat. D'Bibliothéike waren out. Et ass näischt méi dran investéiert ginn. Si sinn net moderniséiert ginn, mä hunn eng no där anerer hir Dieren zouge-maach.

Mech erënnert dat e bësse un d'Geschicht vum Tram zu Lëtzebuerg oder, fir an der Géigend ze bleiwen, aus där ech kommen, vum Schicksal vun der Atert-Linn. Den Zäitgeescht hat gemengt, all Mënsch kéint sech jo een Auto leeschten, Zuch an Tram wieren out, si wieren iwwerflësseg an almoudesch a sinn ofgeschaafft ginn.

Genausou wéi mer haut gesinn, dass ee modernen Tram zu enger Léisung vun de Verkéiersproblemer ka bäidroen, si mir iwwerzeegt dervun, dass ee Réseau vu modernen Bibliothéiken ee wichtige Bäitrag zur Allgemengbildung, zur Chancégerecht-





tegkeet, zur Liewensqualitéit, zur Bildungs-gesellschaft ka leeschten.

Mir wëssen, datt och haut nach vill Mën-sche Bicher liesen. An dat ass gutt esou. D'Liesen ass aus eiser Gesellschaft net ewechzedenden. Ee Mënsch, deen net lise kann, huet immens Problemer am All-dag. Och Multimedia mécht d'Buch net futti. A wann dat de Fall wier, da wier dat éischter eng Ursaach, eis Beméiungen nach an d'Luucht ze setzen. Da misste mer eis nach méi ustrengen.

Bicher kritt een nach laang net iwwerall ze kafen. Am Mierscher Kanton zum Beispill kann ee sech zwar dat eent oder anert Buch an engem Zeitungskiosk oder an engem Supermarché kafen; eng richteg Li-brairie gëtt et hei net méi. Fir all déi Leit, déi net mat Internet schaffen, ass d'Be-schafe vun engem Buch also net esou evi-dent.

Schonn eleng dës Ursaach, an och, datt d'Bicher relativ deier sinn, maachen d'Exis-tenz vun de Bibliothéiken noutwendeg. Bi-bliothéike si sozial gerecht an demokra-tesch. Datt d'Bibliothéiken, do, wou et se da gëtt, och d'Leit unzéien, weisen eis déi gutt Beispiller aus der Praxis. D'Madame Brasseur huet iwwert de Publikumssuccès vun der neier Bibliothéik vun der Stad Lët-zebuerg geschwat. D'Chamberskommissi-onn konnt sech selwer e Bild zu Miersch maache vum Succès vum Mierscher Lies-haus.

Mir haten am Mierscher Lieshaus am Joer 2009 15.000 Medien ausgeléint, méi wéi 500 regelméisseg Benotzer vun der Biblio-théik an eng ganz Rei Aktivitéiten, wou d'Leit vun der Bibliothéik eraus aus der Bi-bliothéik gaange sinn a Liesungen a Kon-ferenzen an den Nopeschgemenge mat aneren Institutiounen zesummen organi-séiert hunn.

Déi Mierscher Bibliothéik ass gutt besicht. Mä dat ass keng Ursaach, fir net onermid-dlech weider Reklam fir d'Bibliothéik ze maachen. Zu Lëtzebuerg ginn d'Leit net mat därselwechter Selbstverständlechkeet an eng öffentlech Bibliothéik wéi an anere Länner, wou d'Traditioun vu Medien aus-léinen an deene leschte Jorzéngten net esou brutal ënnerbrach gi war wéi bei eis.

Bibliothéike brauche Ressourcen, personel-ler a finanzieller. Et ass positiv, datt de Bé-névolat och mat dësem Gesetz säi Rôle am Bibliothéikswiese behält. D'Optik, fir de bestehende Bibliothéiken, vun deenen der vill hir Existenz just dem bénévolen Asaz vu ville Leit verdanken, eng schréttweis Professionaliséierung ze erlaben, ass ze be-grëssen.

Mir sinn der Meenung, datt keng öffent-lech Bibliothéik sech enger Moderniséie-rung kann entzéien. A mir wëssen, datt dës Moderniséierung zesumme mat de Leit, déi eppes opgebaut hunn, muss reali-séiert ginn. Et ass e Fait, datt am Dezem-ber 2009 an den USA méi Bicher iwwer eBook verkaaft gi si wéi um Pabeier. Datt déi Entwécklung fréi oder spéit och an der Duerfbibliothéik ukënn, schéngt sécher.

Wéi eng Verännerungen dat an de Lies-gewunnechte mat sech bréngt, wësse mer nach net. Mir wëssen awer, datt mer eis öffentlech Bibliothéike müssen esou op-stellen, datt se och mat esou Entwéck-lunge kënne Schrëtt halen. An dat geet just mat motivéierten a gutt forméierte Leit an engem gudden Équipement.

Duerfir begrëisse mer och d'Schafung vun engem Service vun den öffentleche Biblio-théiken an der Nationalbibliothéik. Sou wéi dës Service am Artikel 19 vum Gesetz définiert ass, misst eng gutt Zesummen-aarbecht tëschent Nationalbibliothéik an öffentleche Bibliothéiken assuréiert sinn.

Dës Zesummenaarbecht ass natierlech net ganz onproblematesch. D'Uspréich vun der Nationalbibliothéik sinn nun emol ganz anerer wéi déi vun deene klengen öffentle-che Bibliothéiken. Fir dës Bibliothéiken ass et méi wichteg, schnell a flexibel op d'Wënsch vun de Lecteurs anzegoen, wéi en detaillierte Katalog mat méiglechst ville präzise Stéchwierder zu all Buch kënne virzeweisen.

Dobäi stellt kee Mënsch a Fro, datt all Bi-bliothéik an engem gemeinsame Réseau ass. Mir hu laang a breet iwwert dëse Pro-blem an der Kommissioun diskutéiert. Am Projet de loi steet näischt iwwert de Sup-port vun de Logiciels. An dat ass gutt esou.

Genausou kloer ass awer och, datt eng öf-fentlech Bibliothéik, fir en Agrément ze kréien a subsidiabel ze ginn, eng Demande maachen an nowise muss, datt si déi noutwendeg Konditiounen erfüllt. A mir hunn déi Aussoen, déi mer an der Kom-missiouen mëndlech kritt hunn, elo och schwaarz op wäiss, datt eng vun de Kondi-tiounen misst sinn, datt eng öffentlech Bi-bliothéik och mam Logiciel Aleph® vun der Firma Ex Libris géif schaffen.

Déi Approche ass net onëmstridden - d'Madame Brasseur ass schonn drop agaangen. Ee quasi staatleche Monopol fir eng Firma an hire Produit gëtt vun anere kommerziellen Acteuren um Terrain als inakzeptabel duergestallt. Si bezeichnen dës Approche vun der Regierung als will-kürlech Benodeelegung. Si soen, si géife bewosst mat hire Produité vum Biblio-théiksmarché ausgeschloss ginn. Si werfen der Regierung Widderspréchlegkeet an hi-rem Handele vir. Engersäits gëtt vu Lëtze-buerger Firme verlaangt, si sollen innova-tionsfreedeg sinn an investéieren. Anerer-säits kréie se den Accès op de Marché ver-spaart. Dat schafft kee Klima, wou ee gären investéiert a Leit astellt.

Dës Fro iwwert de Betribssystem gëtt zu Recht net am Gesetz tranchéiert, mä iwwer Règlement grand-ducal. D'Positioun vun der Regierung ass bekannt.

An der Praxis kéint dat fir vill öffentlech Bi-bliothéiken een duebele Catalogage be-deiten: Engersäits gëtt de Katalog mam Aleph® gefouert, well dee Programm vun der Nationalbibliothéik zur Dispositioun gestallt gëtt an an der Konventioun ver-laangt gëtt. Anerersäits schafft d'Biblio-théik och nach mat engem privaten Ubid-der, fir säi Site méi attraktiv an operationell ze gestalten.

Ob dat sënnvoll ass, sief emol dohigestallt. Et wier fir d'Praxis viabel. Mir ënnerstëtzen an deem Sënn awer och d'Motioun vun der Madame Brasseur, wou gefrot gëtt, datt ee wierklech soll analyséieren, ob do net eng Kompatibilitéit vu verschiddene Systemer besteet.

Et bleift mer nach e puer Bemierkungen ze maachen zu dem Artikel 9, wou steet, datt e puer Bibliothéike sech kënnen zu enger regionaler Bibliothéik zesummeschlëssen.

Mir stinn deem Gedanke ganz positiv vis-à-vis. Mir maachen eis awer keng Illusioun-en. Et dierft schwierig sinn, fir déi Iddi an d'Realitéit ëmzesetzen.

Logesch ass et schonn, datt een eng Schoulbibliothéik, sief et vun engem Lycée oder vun enger Primärschoul, géif als Deel vun enger öffentlecher Bibliothéik be-truechten. Mir géifen eis freeën, wa mir deemnächst eng Konventioun an deem Sënn géife gesinn, vläicht souguer am Réi-dener Eck.

Wéi allerdéngs eng Schoulbibliothéik all Dispositiounen vum Artikel 2 aus dem Ge-setz soll erfüllen, esou wéi et am Artikel 9 vun all Entitéit vun enger regionaler Biblio-théik verlaangt gëtt, dat ass net esou evi-dent.

Gradesou onkloer schéngt et och mat den Dispositiounen iwwert d'Fachbibliothéiken ze sinn. Op eegene Wonsch sinn dës Bi-bliothéiken an d'Gesetz opgeholl ginn, an dunn hunn déi betreffend Organisatiounen misse feststellen, an ech zitieren aus hi-rem Avis: „Die derzeitig zurückbehaltene Formulierung macht deshalb weder aus fachlicher Sicht noch aus der Sicht einer effizienten Organisation des Bibliothekswe-sens Sinn, noch wäre sie in die Praxis kon-kret umsetzbar.“

Mir sinn der Meenung, datt hei zwar ee gutt gemengte Versuch gemaach ginn ass, d'Fachbibliothéike mat an e Boot ze hue-len, wat eigentlech net fir si geduecht war, mä qui trop embrasse mal étreint. Heimat ass keng esou richtig zefridde gestallt. Mir sinn der Meenung, datt et besser gewiescht wär, déi aktuell Situatioun vun de spezialisierte Bibliothéiken ze ënnersich-en an, wann et sech dann als noutwen-deg erweisen hätt, eng speziell Législatioun auszeschaffen.

Mir fannen et richtig, datt eng ganz Rei vun de Konditiounen, fir en Agrément ze kréien, net am Gesetz selwer stinn, mä iwwer Règlement grand-ducal festgeluecht ginn. Dat erlaabt méi Flexibilitéit. A bei den öffentleche Bibliothéike gëtt Flexibili-téit gebraucht. Ech erënnere drun, datt mir et mat grouse Stadbibliothéiken, wou bis zu 13 Leit schaffen, ze dinn hunn, a mat klengen associative Bibliothéiken, déi zurzäit nach ganz am Bénévolat oder mat engem hallwe Poste schaffen.

De Montant vun de maximalen Hëllef ass nach net bekannt. Dat ass eben den Nodeel vum Règlement grand-ducal. Mir géifen et wichteg fannen, wann och déi grouss Gemengebibliothéike substanzuell ënnert d'Äerm gegräff kréichen. An der Diskussioun ronderëm d'Bibliothéiken hunn ech oft d'Argument héieren, déi städtesch Bibliothéike bräichte jo net on-bedéngt d'Hëllef vum Stat, déi kréiche jo alles, wat se bräichten, vun hirer Gemeng.

Dat ass eng Approche, déi net nëmmen ongerecht ass, mä déi och geféierlech a falsch ass. Mat esou enger Approche géife mer déi ganz Philosophie, wéi se am Arti-kel 1 vun dësem Gesetz steet, net seriö huelen. Wa mir wëllen, datt d'Bibliothéi-ken hiren Deel zu der Société de connais-sance fir all Leit hei am Land bäidroen, wann dat soll ee Bäitrag zum „lifelong learning“ ginn, wann de Réseau soll iwwert d'ganz Land verdeelt sinn, wa mir d'Pro-fessionaliséierung vun de Bibliothéike wëlle virundreiwen, da muss de Kulturministère dee jorzéngtelaangen Asaz vu verschid-dene Gemengen honoréieren.

Och a grad just a Krisenzäite soll de Stat an eng nohalteg Kulturpolitik am Interessi vun den einfache Bierger investéieren. D'Präis-Leeschungs-Verhältnis bei den öf-fentleche Bibliothéike rechtfertigt all In-vestissement.

Da kommen ech zum Schluss. An do stellt sech dann déi kruzial Fro: Hu mer mat dë-sem Gesetz eppes an der Hand, woumat mir ee Buergermeeschter kënnen iwwer-zeegen, fir eng nei öffentlech Bibliothéik a senger Gemeng opzemaachen? Et gëtt vill Gemengen an et sinn och vill Députés-maires heibannen, déi bis elo nach kee Cent an eng öffentlech Bibliothéik inves-téiert hunn.

Jo, souguer de Bicherbus, e Gratisdénsght vum Kulturministère, muss heiansdo als Erklärung duermalen, firwat mer soi-disant keng Bibliothéik méi brauchen. Souguer Gemenge mat méi wéi 10.000 Awunner mengen, si kéinten zefridde sinn, wann eemol am Mount de Bicherbus 25 Minut-ten an hirer Gemeng stoe bleift.

► **Mme le Président.**- Här Adam, Dir musst versichen zum Schluss ze kommen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- Merci, Madame Presidentin. Ech kommen zum Schluss. Ech hunn awer och schonn iwwert d'Motioun vun der Madame Brasseur ge-schwat. Dofir,...

► **Mme. le Président.**- D'accord.

► **M. Claude Adam (déi gréng).**- ...ech si geschwënn um Schluss.

D'haaptfinanziell Laascht vun enger öffent-lecher Bibliothéik bleift bei der Gemeng. Et gëtt kengerlee Pflicht, datt zum Beispill eng Gemeng vun enger bestëmmter Gréisst un eng Bibliothéik muss opmaachen. Och an Zukunft wäert et vill Gemenge ginn, déi léiwer an Eventkultur investéiere wéi no-halteg an eng öffentlech Bibliothéik.

Mir mengen, mat dësem Gesetz kréie mer keen Ongleewege bekéiert. Mir brauchen also och weiderhi Lobbyaarbecht vu Kul-tur- a Liesinteressierten an natierlech vun Kulturministère a vun anere Ministère. Nohalteg an d'Wëssensgesellschaft inves-téieren, huet ee Präis. Ni ass en esou gënschteg wéi am Fall vun den öffentleche Bibliothéiken. Ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetz.

► **Mme le Président.**- Merci, Här Adam. An ech ginn dann dem nächste Riedner, dem honorabelen Här Kartheiser, d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Vill-mools Merci, Madame President. Dir Dam-men an Dir Hären, wéi Der wësst, ass et och net d'Gewunnechte vun der ADR, fir de Regierungsparteie vill Komplimenter ze maachen. Am Kontext vun dësem Biblio-

théiksgesetz musse mir awer eng fair a wuelverdénkten Ausnahm maachen.

(**Interruption**)

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- De Rapporteur vun dësem Projet, den honora-belen Deputéierte Mill Majerus, huet seng Aarbecht wierklech gutt gemaach.

(**Interruption**)

Aus engem schlechten, well vill ze vill diri-gistesch Projet vun der Regierung, huet hien e ganz akzeptable Projet gemaach, an dat, well hien esou vill wéi méiglech mat alle Parteien a mat alle Bedeelegten den Dialog gesicht huet. Op déi Manéier fanne sech och eng ganz Rei vu Proposi-tiounen vun der ADR an dësem Projet erëm. Dofir si mir dankbar.

Dëst Gesetz ass sécher net perfekt, mä mir ginn him awer gär eisen Accord. Et ass d'Resultat vun engem wierkleche parla-mentaresche Geescht. Mir soen och dem Här Adam Merci fir de Besuch am Mier-scher Lieshaus, dee ganz interessant war, an och der Madame Kieffer, der Direktesch vun der Nationalbibliothéik, fir de Besuch an hirem Haus.

Madame President, meng Virriedner hu scho bal alles gesot, wat iwwert dëst Ge-setz ze soen ass, mä et müssen nach eng Rei vu Feststellungen gemaach ginn,...

► **Une voix.**- Den Nächsten!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- ...déi bei alle Verbesserungen, déi dëst Gesetz bréngt, bei allem Positiven an Innovativen, awer net därfer vergiess ginn.

Mir dierfen zum Beispill net vergiessen, datt net all Bibliothéik hei am Land eng öf-fentlech Bibliothéik am Sënn vun dësem Gesetz ass. Dowéinst musse mir och all déi aner Bibliothéiken am A behalen: d'Fuer-schungsbibliothéiken, déi ganz speciali-séiert net öffentlech Bibliothéiken an och déi vun deene klengen A.s.b.l.en, déi eis Hëllef wuel nach gutt kéinte gebrauchen, mä si awer net iwwert de Wee vun dësem Gesetz kënne kréien.

Och d'Nationalbibliothéik selwer därfer net weider d'Stéifkand vun dëser Regierung bleiwen. Et ass e Skandal, datt zënter Jore gewosst ass, dass d'Nationalbibliothéik en neit Doheem brauch, mä datt nach ëm-mer näischt geschitt ass. Et ass schlëmm, datt an engem vun eise wichtigste Kultur-instituter zéngdausende vu Bicher ver-muschten als direkt Konsequenz vu jore-laanger inkompetenter CSV-Kulturpolitik. Wann een déi dann därfer esou nennen.

(**Interruption**)

Fir deier Sue müssen déi Bicher elo am Ausland restauréiert ginn. D'Madame Mi-nister Modert sollt d'Geleeënheet vun dë-ser Diskussioun op kee Fall verpassen, fir dem Land ze soen, wou de Projet vun en-ger neier Nationalbibliothéik dann elo drun ass.

Bei dësem neie Gesetz iwwert déi öffent-lech Bibliothéike gëllt et awer och, fir op eng ganz Rei vu Geforen hinweisen. Dat Gesetz leeft an deem Geescht, wéi et herno applizéiert gëtt. An dat muss heeschen, keen Dirigismus a keen dogmatische Ri-gorismus, mä konkret Hëllef a Flexibilitéit vun der Sait vun der Regierung. De Moosstaf, un deem dëst Gesetz muss ge-mooss ginn, ass dee vun deene ganz klenge Bibliothéiken, déi dacks nëmme mat enger oder e puer Persounen, dacks am Bénévolat fonctionnéieren.

D'Fro ass, ob och si et packen, fir all deene Kritären am Gesetz nozekommen, ouni datt si mat iwwerméissegem an dacks iwwerflëssege bürokratesche Konditiounen konfrontéiert ginn. Bei den Heures d'ouverture, wéi och bei allen anere ge-setzleche Virschrëften, därften déi sël-leche groussherzoglech Reglementer, déi musse geholl ginn, nimools ongerecht, ni-mools iwwerdrifwen, nimools ze vill exi-gent sinn.

De Stat soll de Bibliothéiken hëllef a si ënnerstëtzen, net bürokratiséieren an er-stécken. Dat gëllt och fir den Émgank mat der Informatik a fir déi stänneg Suerg ëm d'Ausbildung vum Personal.

Mir kënnen déi zwee Amendementer, déi d'Demokratesch Partei hei presentéiert huet, gär mat ënnerstëtzen. A wat eis ugeet, gi mer och eisen Accord fir déi Mo-tioun iwwert d'Informatik. Well beson-





nesch, wat d'Informatik ugeet, wëlle mir der Regierung mat op de Wee ginn, fir onbedéngt dofir ze suergen, datt d'Lëtzebuenger Betriber eng rasonnabel Chance hunn, fir all hir Software kënnen fir eis Bibliothéiken unzebidden.

All legal Prozeduren an Ausschreiwunge mussen an dësem Domän befollegt ginn. A wann et ze évitéieren ass a wann d'Qualitéit an d'Interopérabilitéit et zouloossen, da solle mir net nëmmen op auslännesch Fournisseurs ugewise sinn, mä och de Lëtzebuenger Betriber fair Chancë ginn an net aner Monopolsituationen zouloossen.

Eng aner wichteg Considération ass déi vun de Sproochen. Eng öffentlech Bibliothéik ass no dësem Gesetz eng, déi op d'mannst Bicher op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch huet. Mir denken, datt de Stat soll e ganz besonnesch groust Gewiicht op dat lëtzebuergesch Element an dëser Triade leeën. Eis Sprooch soll op all nëmme méiglech Manéieren ënnerstëtzt ginn. D'Législatioun iwwert d'Bibliothéiken an hir praktesch Applikatioun sinn dofir e gutt Mëttel.

Eng drëtt Feststellung ass déi, datt nach laang net alles, wat sech Bibliothéik nennt, och verdéngt ënnerstëtzt si ginn. E gutt Beispill dofir ass déi sexistesch Bibliothéik vum Cid-Femmes.

#### (Interruption)

Eng Associatioun, déi aus Prinzip dat männlecht Geschlecht aus senge Bicherbestänn ausschléisst, verdéngt net een eenzeg Euro Ënnerstëtzung vun der Öffentlechkeet, egal ob iwwert de Kulturministère oder de Fraeministère. Et gëtt Zäit, datt de Stat sech net weider mat där Schan associéiert.

A véiertens däerf och de Conseil supérieur vun den öffentleche Bibliothéike sech net zu engem bürokrateschen oder dirigisteschen Instrument entwéckelen. U sech gëtt et an deem Gremium jo scho ganz vill Expertise. Et freet ee sech also, firwat d'Gesetz et soll erméiglechen, datt dee Gremium nach kann op weider Experten zréckgräifen.

Dat stellt och eng ganz Rei vu budgettechneschen an Opportunitéitsfroen. Wäer et net eigentlech un deem zoustännegen Ministère, fir Experten ze engagéieren, wann dat da wierklech néideg wär? Et kann een nëmmen dem Conseil supérieur mat op de Wee ginn, fir mat där Méiglechkeet, nach op zousätzlech Experten zréckzegräifen, ganz besonnesch spuersam ëmzegoen.

Op där anerer Säit huet d'Albad eng Rei vun Observatiounen iwwert d'Zesummesetzung vun deem Gremium gemaach. An eisen Aen ass et net verbueden, weider interresséiert a qualifizéiert Leit an déi Réunionne vum Conseil supérieur mat ze invitéieren, quitte datt si vläicht kee Stëmrecht hunn. Mä et wär sécher richteg, fir jiddwereen, deen interresséiert ass, och zu Wuert kommen ze loossen.

D'Regierung an d'Chamber sollte spéitens an e puer Joer nach eemol e Bilan iwwer eist Bibliothéikswiesen zu Lëtzebuerg zéien a kucken, wéi sech d'Saachen entwéckelt hunn. Mir däerfen net fläerten, fir do nozebesseren, wou et méiglech an néideg ass, a Froen unzepaken, déi mir bis elo nach net behandelt hunn.

Dozou gehéiert och zum Beispill d'Accessibilitéit vun de Schoulbibliothéike fir méi e grouse Public. Geneesou wéi bei de Gemengebibliothéike mussen och hei eng ganz Rei vu verschiddenen Instanzen an Hierarchien zesummeschaffen, fir datt de Konzept vun der öffentlecher Bibliothéik kann a vollem Émfang Realitéit ginn. Mir sollten och evaluéieren, ob et gelongen ass, d'Zuel, déi geographesch Verdeelung an d'Qualitéit vun de Bibliothéike wierklech ze erhéije respektiv ze verbesseren.

Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eis grouss Hoffnung, datt nees méi Leit Freed um Liese kréien, besonnesch déi jonk Leit. An deem Sënn wënsche mir dësem Gesetz deen Erfolleg, deen et ouni Zweifel verdéngt.

Villmools Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme le Président.**- Ech soen dem Här Kartheiser och Merci an ech géif als

leschtem ageschriwwene Riedner fir de Mëtteg zu dësem Projet dem honorabelen Här Hoffmann d'Wuert ginn.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Madame Presidentin, gewéinlech verzichten ech jo och op déi Floskel vu Merci, ganz einfach aus Zäitgrënn. Mä dës Kéier wëll ech awer och dem Här Majerus an der Kulturkommissioun, an där ech zwar net sinn, mä vun där ech awer gemengt hu feststellen, dass do eng ganz seriö Aarbecht op deem Projet hei geleescht ginn ass...

Ech muss zwar och soen, ech hu rar esou eng vernichtend Kritik gelies zu iergendengem Gesetzesprojet wéi déi vun der Associatioun vun de Bibliothécairen. An ech hu mech gefrot, ob et vläicht net besser gewiescht wär, si wäer vun Ufank u méi enk un d'Élaboratioun vun deem Gesetz agebonne ginn.

Et ass mer awer och opgefall, dass, wann een deen Avis vun der Associatioun vun de Bibliothécairë vergläicht mat dem Avis vun der Unioun vun den öffentleche Bibliothéiken, da stellt een e relativ groussen Ënnerschied fest,...

#### (Interruption)

...dee vläicht erklärungsbedürftig wär, mä wou ech awer éischter d'Tendenz hunn, dann deem Avis vun der Union des bibliothèques publiques zouzestëmme wéi deem aneren, dee relativ hefteg ass.

Well an deem Avis vun där Unioun vun den öffentleche Bibliothéike ginn zwar och eenzel Reserve respektiv eenzel Kritike gemaach. Zum Beispill gëtt gefrot, dass d'Kritik fir en Agrément, déi iwwer Règlement grand-ducal solle festgeluecht ginn, net ze streng solle sinn, fir net bestehend Bibliothéiken ze découragéieren weiderzefueren oder d'Entstehung vun neie Bibliothéiken ze découragéieren. Dat fannen ech och richteg.

Öffentlech Bibliothéiken - dat ass awer alles och schonn hei gesot ginn - sinn e wesentlechen Deel fir wëssenschaftlech Weiterbildung, sinn och e wesentlechen Deel vun der Éducation populaire; esou géif ech dat nennen. An dat heescht haut natierlech wäit méi wéi nëmmen d'Ausléinung vu Bicher. Dat heescht och, de Pléséier um Liesen ze vermëttelen, an ech weess net méi, a wéi engem Avis dass ech gelies hunn, dass deen Aspekt vläicht am Gesetzestext e bëssen ënnerbewäert gëtt. Einfach de Pléséier um Liesen.

Selbstverständlech gehéiert zu enger öffentlecher Bibliothéik, vu wéi enger Kategorie och ëmmer, haut den Ëmgank mat neie Medien. Dat implizéiert awer selbstverständlech och Infrastrukturen, déi attraktiv sinn. An ech mengen, ech kéint vun hei aus, ouni mech ze wäit ze verginn, der Stad Lëtzebuerg félicitéieren fir déi nei städtesch Bibliothéik, déi se installéiert huet mat allem, wat dozou gehéiert. An ech mengen, dass do, toute proportion gardée selbstverständlech, munch aner Gemenge sech eigentlech kéinten e Beispill drun huelen.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Et ass gutt a richteg, dass an deem Gesetz Synergien a Kooperatiounen a Réseauen tëschent deene verschiddene Kategorië vu Bibliothéike sollen organiséiert respektiv favoriséiert ginn.

Eng Suggestioun vläicht, déi awer net am Gesetz muss festgehalé ginn. Am Gesetz steet, op d'mannst solle Bicher an dräi Sproochen ugebuede ginn. Ech géif mengen, mir sollten d'öffentlech Bibliothéiken encouragéieren - encouragéieren! - iwwert déi dräi Sproochen erauszegoen a Rücksicht ze huelen op déi auslännesch Communautéiten, déi hei zu Lëtzebuerg liewen; déi gréisst: déi portugisesch. Ech mengen, dass ee sech haut eng öffentlech Bibliothéik eigentlech net méi däerft kënnen virstellen, wou net och fir déi Communautéit, jiddefalls déi gréisst, Bicher an deenen hirer Sprooch ugebuede gëtt.

Ech wëll awer och nach eng Kéier ganz kuerz e Plädoyer an engem Saz fir eng nei Nationalbibliothéik hei ofliwweren, well ech mengen, dat bräichte mer onbedéngt an et däerft net ze laang daueren. An ech hunn eng Fro: Wéi steet et mat der universitärer Bibliothéik, déi mer onbedéngt bräichten a méi engem groussen Émfang wéi bis elo, wann eis Universitéit sech weiterentwéckelt?

Zu der Gratuitéit: selbstverständlech d'accord. Zu enger Carte de lecteur, dann zwar och d'accord, mä da muss een awer soen, da muss de Präis vun där Carte de lecteur awer selbstverständlech moderat bleiwen, well soss ass awer d'Gratuitéit a Fro gestallt.

#### (Interruption)

Jo, ech kommen zum Schluss, Madame Presidentin. Zum Schluss, mengen ech, kéint ech also mäin Accord zu deem Gesetz ginn. Zu der Motioun vun der Madame Brasseur och. Zu dem Amendement Nummer 2 och. Zum Amendement Nummer 1 géif ech mech enthalen, well ech awer mengen, et wär net schlecht, wann ee minimal Öffnungszeiten an engem Règlement grand-ducal géif festhalen. Mä si däerfen natierlech net esou sinn, dass eng kleng Bibliothéik doduerch net méi ka weiterfunktionéieren.

Merci!

► **Mme le Président.**- Ech soen lech och Merci, Här Hoffmann. An ech géif dann der Regierung, der Madame Minister, d'Wuert ginn.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Merci, Madame Presidentin. E puer Stéchwierder fale mir zu dësem Gesetz an, wat wierklech e wichteg ass a wat nei Paradigmen opmécht fir d'Zukunft vun de Bibliothéiken a vun der Wëssensgesellschaft an dësem Land.

E puer zousätzlech Stéchwierder zu deem, wat d'Bedeutung vum Gesetz ass: Wëssensgesellschaft, kulturell Entwécklung, Dezentraliséierung an dezentraalt Zesummeschaffen, an domadder natierlech dann Zougank zum Wëssen an zu der Informatioun vun de Leit alleguer. Ech mengen, domadder ass eigentlech ëmarrass, wat d'Wichtegkeet heivunner ass an firwat mer dat hei hu misse maachen.

De Rapporteur, deem ech Merci soe fir säi flotte Rapport an, grad wéi all meng Virriedner, fir seng wichteg Aarbecht, déi en an der parlamentarescher Kommissioun, mat der Kommissioun, mat mir a mam Ministère zesumme gemaach huet, fir op dat Resultat hei ze kommen, wat Dir da léiwer hutt, deen huet och all déi wesentlech Enjeuen duergestallt gehat.

Ech soen him, wéi gesot, Merci dofir. An zu mengem parlamentaresche Verständnis gehéiert et, datt een an enger Kommissioun kann debattéieren, diskutéieren an och aner Virschléi maache wéi dat, wat an engem ursprüngeleche Gesetz steet.

Ech loossen zwar net gëllen, datt dat Gesetz esou schlecht soll gewiescht sinn, wéi hei Eenzelner et duerstellen, well dat ass net de Fall. Et sinn Annerunge komm, mä si sinn am Detail gewiescht a mir haten eis Ursaachen, fir et esou dranzeschreiwen. Ech muss lech och rappéléieren, datt et och Sue ginn, fir esou Saache kënnen ze maachen, wéi doranner stoungen.

Ech hunn awer och kee Problem, wann Dir all zesummen der Meenung sidd, et soll een et aneschtens maachen, fir och mat op en anere Wee ze goen. An dat ass, mengen ech, och an enger ganz gudder demokratescher Aart a Weis hei geschitt gewiescht. Ech fannen dat net schlëmm an ech fannen et keen Affront, fir och op d'Opposition an der Kommissioun anzegoen. Wann Dir dat schlëmm fannt, musst Der dat soen, da maache mir dat d'nächste Kéier net méi.

Ech loosse mir dëst gutt Gesetz net schlechtrieden, vu kengem, an och net schlechtschreiw vu verschiddene Leit, déi op ganz ville Plaze geschriwwen hunn, Ghostwriter ware fir verschidde Bréiwer, déi komm sinn, an esou weider an esou virun, an am Endeffekt vläicht just wollten iergendwou Direkter ginn; wie weess?

Dat gehéiert hei zu engem flotten Ëmgeréits. Ech fannen et wichteg, datt dat Gesetz hei dobausse bemierkt gëtt, well dat ass genau dat, wat mer brauchen a wat wichteg wäert sinn.

Et ass nach ni vum Stat fir Bibliothéiken iwwerall uechtert d'Land esou vill bäigi ginn, wéi elo duersch dëst Gesetz kënnt, fir et esou ze soen, well virdrun ass et net ganz vill gi gewiescht. An et ass fir mech wichteg, datt dat per Gesetz gemaach gëtt an och iwwer e groussherzoglecht Règlement, wou Kritären a Konditiounen an

Transparenz drastinn, fir jiddweree gëllen a fir jiddwereen d'selwecht; allerdéngs mat engem ganz wichtege Akzent och droppeluecht, datt vun alle Gréisste Bibliothéiken am Land kéinte sinn. Well ech hätt gär, an dofir leeën ech och Wäert op déi Dezentraliséierung, datt iwwerall am Land solle Bibliothéiken entstoen.

Mir hunn e massiven, massiven Nohuelbedarf op dësem Plang hei an dësem Land. Mir sinn en dichtegt Land, mir hu vill Suen a mir hunn net vill Bibliothéiken. Dat ass en Dauer an dat ass eigentlech éischter e Skandal. Am Fong si mer an där Hisiicht wäit zréck.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Madame Minister, hu mer oder hate mer vill Suen? Dir hutt elo grad gesot: „Mir hu vill Suen.“

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Är Gemeng hat der anscheinend ni ganz vill. Dat hunn ech héieren, jo.

#### (Interruption)

Är Gemeng hat och keng Bibliothéik. Et gëtt Zäit, datt se eng kritt.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- ...hat bis haut nach kee Sozialofbau ze maachen.

#### (Interruption)

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Et gëtt Zäit, datt Är Bibliothéik...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Jo, et ass ëmmer schéin, mä Dir hat gesot: „Mir hu vill Suen.“ Ech froen: Hu mer oder hate mer vill Suen?

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Wann Dir elo wëllt ofstreiden, Här Gibéryen, datt dëst Land hei eigentlech en zimlech räicht Land ass am Verglach zu ganz villen aneren, da musst Der mer dat noweisen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Also, wann ech awer d'Regierung déi lescht Deeg héieren, dann ass et awer dramatesch.

#### (Brouhaha)

► **Une voix.**- Sidd Der do eens mam Här Weber? Hutt Der scho mat deem geschwat?

#### (Brouhaha général)

► **Mme le Président.**- Honorabel Kollegen, mir wäerte bestëmmt nach Geleeënheet kréien, op d'finanziell Situatioun zréckzekommen. Loosse mer emol haut nach bei der Bibliothéik bleiwen. Madame Minister, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- Hors sujet. Well mir sinn e Land, wat méi Suen huet wéi anerer,...

► **Plusieurs voix.**- Aaaahhh!

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.**- ...a mir sinn e Land, wat vill manner Bibliothéiken huet wéi en anert. An dat ass eigentlech bal e Skandal.

Et ass erstaunlech, datt op ville Plaze keng Initiative komm sinn, fir déi Saachen ze verbessern. Deem Hëllef mer elo heimmadder op.

Mir hunn dëst Joer, 2010, nëmme 14 Bibliothéiken uechtert d'ganzt Land. Dat ass net ganz vill. Mir hunn e Koup Gemenge méi, an dofir kënnen mer elo nei Akzenter alleguerten zesumme setzen.

Déi Bibliothéiken, déi mir jo hei gär hätten, dat si Bibliothèques publiques, Bibliothèques „grand public“, wann een esou wëllt, net onbedéngt déi wëssenschaftlech an héich spezialiséiert, mä déi fir all Leit, fir e Gratiservice ze maachen, all Leit, jiddwereen an iwwerall.

Et ass mir, ier Der mech ënnerbrach hutt, wichteg, datt et dezentral op ville Plazen am Land kann en Accès ginn zum Wëssen, zum Liesen, zu de Bicher, an also Bibliothéike gëtt op ville Plazen am Land. Dat heescht net, datt an all Uertschaft an an all Gemeng eng extra ganz grouss Bibliothéik muss sinn, ganz am Géigendeel. Et kann een dat ganz gutt am Verbond an an Zesummenaarbecht zu méi maachen. An dofir hunn ech drageschriwwen gehat, an dat ass mer och ganz wichteg, datt een dat och kann am regionale Kontext an am re-





gionale Verband an der Zesummenaarbecht maachen an hikréien.

Dat heescht, datt ee kann déi Kritären, déi mer virgesinn, och zu puer Bibliothéiken op e puer Plazen erfëllen. Et gëtt e ganz gutt Beispill, déi dat och schonn zu engem Deel virgemaach hunn, wéi esou dacks och dës Kéier am Norde vum Land, déi domadder ganz vill flott Jalonon och gesat hunn.

Ee ganz wichtegen Akzent vun dësem Gesetz, an dat stoung och vun Ufank un am Gesetz dran, ass de Bénévolat. Well et ass ganz kloer, datt villes vun deem, wat haut steet, net op alle Plazen, awer op bal alle Plazen, Bibliothéike sinn, déi duerch de fräiwëllegen Asaz vun engagéierte Leit zustane komm sinn. An dat stoung am éischte Gesetzesprojet dran. Selbstverständlech bleift de Bénévolat systematesch méiglech a gefördert op dësem Gebitt.

Ech hat geduecht, datt et och wichtig wär, datt de Bénévolat, deen och net alles ka maachen an net alles ka selwer maachen, duerch professionell, duerch eng gewësse Professionaliséierung eng Hëllef ugebuede kéint kréien. Dir hutt dat aneschtlers gemengt. Dunn hu mer dat aneschtlers geschriwwen. Dat ass och fir mech kee Problem.

Mä et soll nach weider esou sinn, datt eng Hëllef ka kommen an domadder och e relativ konstant a permanent Ugebuert fir d'Leit op alle Plazen am Land. An dat hu mer jo och am Gesetz geschriwwen.

De Bénévolat ass mir wichtig, dezentral ass mer wichtig, Verbond ass mer wichtig an dësem Kontext, datt Synergien och kënnen entstoen, datt d'Konditiounen zesummen erfëllt kënnen ginn. Dat muss een einfach wëlle gesinn an héieren.

Dat Gesetz hei huet eng incitativ Qualitéit an eng incitativ Wierkung ass et, déi soll hëllefen, datt mer méi Bibliothéike kréien, déi mer brauchen. D'Subsidiaritéit ass selbstverständlech e wichtegen Aspekt.

Ënner wéi enge Forme kënnen déi Bibliothéiken entstoen? Et kënnen kommunal Bibliothéike ginn, et kënnen associativ Bibliothéike sinn, déi Formen, déi mer iwwregens haut och schonn hunn allen zwou. Et kënnen selbstverständlech interkommunal Bibliothéiken an Initiative ginn, an et kann een och kucken, an dat favorisieren och ganz staark d'Madame Delvaux, d'Schoulministesch, an ech selwer, datt mer och mat de Schoulbibliothéiken zesummen eppes geschaf kréien.

Mir hunn haut mat deem neie Schoulgesetz d'Verpflichtung, datt an all, och an der Primärschoul, École fondamentale, eng Bibliothéik entsteet. Domadder hu mer der also schonn op ville Plazen am Land. An ech mengen, dovunner soll een och profitieren, fir ze kucken, datt een do och kann den öffentleche Bibliothéikendeel mat derbäi maachen.

Pragmatesch wollte mer virgoen. An dat fannen ech ganz wichtig.

Et kommen natierlech och inhaltlech Contrainten zu engem Deel derbäi. Well et geet net duer, datt een e puer Bicher do huet. Et brauch een eng gewëssen Auswiel. Mir wëssen dat. Et brauch een och am Zäitalter vun der numerescher Revolutioun numeresch Publikatiounen. Et brauch een en Internetuschloss. Et muss een den neien Technologie selbstverständlech Rechnung droen.

Mir wëlle ganz kloer net nëmme Bicher dostoen hunn, mä mir wëllen och Aktivitéite ronderëm encouragéieren, Atelierien, Animatioun, op kulturellem a pedagogeschem Plang. A selbstverständlech wär et mer ganz wichtig, datt mer och op d'Villsprouchegkeet, déi am Land hei och eng grouss Roll spillt an och an eisem öffentleche Schoulsystem mat dran ass, aginn an datt mer selbstverständlech Bicher mussen a minimum dräi vun deene Sproochen hunn. Wa minimum dosteet, ass et selbstverständlech wëschenswäert, datt a vill méi Sproochen dat géif kënnen sinn.

Wa mer vu Contraintë schwätzen, ass et och evident, datt eng minimum Unzuel vun Öffnungsstonne muss sinn, soss mécht dat Ganz iwwerhaupt guer kee Sënn. Mir musse schliesslech och drop kucken, wat de Lieser, de Client, de Public brauch a wat dee wëllt hunn. Dofir muss och zu gewëssenen Zäite kënnen op sinn an och e Minimum u Stonne kënnen een do sinn, soss huet dat Ganz och als Infrastruktur net ganz vill Wäert. Dorobber kënnt et schliesslech u bei dësem Service.

A wann ech vu Service schwätzen, da kënnt nach eppes aneres derbäi, wat elo hei ganz vill thematiséiert ginn ass, wat awer eigentlech net dat Wichtigst soll vun deem sinn, well et ass eng Hëllefstellung, déi gebuede gëtt. Et ass eng Aarbechtsmethod, déi mat viruegell gëtt, datt déi fir jiddwereen déiselwecht soll sinn. Ech schwätze vun engem Outil informatique, dee schliesslech och no verschiddene Saache muss kucken. Iwwregens ass am Ausland dat och iwwerall de Fall.

Do kënnen mer dann nach laang driwwer diskutieren. Mir hunn et laang a breet duerchdiskutiert an der Kommissioun. Et steet ganz gutt erkläert am Rapport vum Rapporteur, dem Här Majerus. Hien huet et och selwer hei nach eng Kéier opgeworf. An dofir ass alles dat, wat gefort ginn ass elo, de Fall. Dir wësst, mir hunn et diskutiert gehat, et brauch een also net eng Motioun nach do derzou unzuhuelen, déi datselwecht seet, wat scho gesot ginn ass. Dat ass net méi néideg.

D'Nationalbibliothék ass e Serviceprovider an deem heite Kontext a si gëtt gratis Servicer a Réseauen, Know-how an Outilen, déi se zur Verfügung stellt, dat muss een och bedenken. A wa mer vun Nationalbibliothék schwätzen, da ginn ech natierlech ganz gär kuerz dorop an, wat Der viru gesot hutt, datt et nämlech soll onbedéngt eng nei Nationalbibliothék ginn. Ech héieren dat ganz gär. Mir hu jo schonn dacks doriwwer geschwat gehat, et ass richtig.

Ech gi jo dann och dovunner aus, datt all déi Fraktiounen, déi mech hei accuséiert hunn, mer och selbstverständlech bäihalen, wann ech soen, mir brauchen eng nei Nationalbibliothék. An datt déi och an deenen nächste Bauteprogrammen, well et ass net vu mengem Ministère, wou dat Haus gebaut gëtt, mä vun engem anere Ministère, deen dofir zoustänneg ass, datt dat dann och am Bauteprogramm vun der Regierung soll dra sinn. Dir sidd also dann unanime d'accord domat, datt dat soll de Fall sinn. Ech denken, Dir wäert mech jo och do derbäi ënnerstëtzen. Ech gi jo dovunner aus, well soss braucht Der dat ni méi ze soen hei.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen, mir haten eng flott Diskussioun an der Kommissioun. Déi huet sech hei nach eng Kéier widerholl. Mir kréien e flott Gesetz, wat wichtig ass fir dëst Land. Well mir mussen den Triptyque och respektieren: Schoul a Léieren, Liesen, Wëssen, wat eis natierlech op Bibliothéiken duerféiert. An do ass et natierlech och esou, datt eng ganz Bandbreit vu Bicher mussen dra sinn. Déi, déi fir de Plésier fir ze liese sinn a fir ze léiere sinn, an déi, déi natierlech och e gewëssen anert Wëssen iwwergräifend iwwert d'Land, iwwer Europa an iwwert d'Weltgeschéie sollen e bësse mat kënnen hëllefle bäibréngen.

Dat Gesetz hei ass och geduecht, fir sech weiderzeentwëckelen. E Land muss systematesch seng Innovatiounscapacitéit behalen, duerfir brauche mir e Stack u Wëssen. An duerfir ass dat Gesetz hei en Instrument, fir sech systematesch weiderzeentwëckelen.

Et ass emol eng Kéier eppes Neies. Mir diskutieren hei soss ëmmer nëmmen iwwer Infrastrukturen, iwwer Suen, déi et gëtt, fir ze bauen, awer hei sinn et emol eng Kéier Suen, déi et gëtt fir Inhalt, an dat ass och ganz vill Kultur, an hei gëtt emol eemol den Inhalt ënnerstëtzt an an de Virdergrond gesat. An och dat, mengen ech, soll een erausträichen, well déi Matière première, déi mir hunn, déi eenzeg, déi mir an dësem Land hei nach hunn, Intelligenz a Wëssen, déi ass fir e klenge Land strategesch, an et ass déi beschte Waff, fir eis fir eis Zukunft ze wappnen. An an deem Sënn kënnt de Wëssensduuscht eis selbstverständlech ganz zupaass - Madame Bras-

seur, do ginn ech lech ganz Recht -, dee kënnen mer alleguerten zesummen notzen, zum Wuel vum Land.

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech en härezeleche Merci fir Är konstruktiv Mataarbecht an Diskussioun fir dëst Gesetz, fir Är Eestëmmegkeet, mat där dat Gesetz hei ugeholl gëtt. Well ech mengen, mir musse bedenken, datt déi Generatioun, déi no eis kënnt, eng Internet-Generatioun ass. Mir sinn an enger Surf-Ära. Mir mussen aneschtlers mat deene Saachen, mat deenen Outilen ëmgoen. A mir musse bedenken, datt den E-Book, d'elektronesch Buch, wat d'Liesen hei gestalt an nei erfënnt, och muss mat respektéiert a berücksichtegt ginn an all deem, wat mir am Beräich vu Bibliothéiken a vu Kultur an Zukunft maachen.

An duerfir e wichtegen Appel, ee waarmen Appel: Mir musse bedenken, wéi eng Mutatiounen op eis duerkommen. Mir dierfen den Zuch net verpassen. An ech maachen hei gär en Appel un d'Gemengen an un d'Associatiounen, fir dëst Gesetz ze benotzen an ze profitieren do dervunner, besonnesch déi, déi méi Suen hunn, déi sécherlech och nach Nohuelbedarf hunn. Ech sinn iwwerzeegt, datt mir relativ rapid, well et ass schonn eng grouss Erwaardungshaltung do, iwwert déi 14 Bibliothéiken erauskommen, déi mir hautdësdays am Land hunn. An do, mengen ech, kënnen mer dann alleguerten zesumme soen, mir hätten dobäi gehollef, eng wichtig Entwécklung ze kréien, d'Chamber an d'Regierung zesummen, an duerfir soen ech lech Merci.

► **Mme le Président.** - Madame Minister, sidd Dir d'accord, datt den Här Kartheiser lech nach eng Fro stellt? Hien huet dat gefrot.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Madame President. Ech hunn der Madame Minister ganz interesséiert nogelauschtert an hirem Discours. Ech hunn awer net elo konkret kënnen feststellen, wat dann elo hir Iddi fir déi nächst Nationalbibliothék, déi nei Nationalbibliothék elo sinn. Mir wëlle si och gär ënnerstëtzen. Et ass jo wierklech e wichtige Projet. Mä wat ass dann d'Madame Minister amgang mam Här Wiseler oder mat aneren Interlocuteurs an der Regierung iwwerhaupt ze ënnerstëtzen? Wéi ee Projet hätt si gär, a wat geschitt mat deem Gebai vun der Nationalbibliothék, dat se elo am Ablack occupéiert?

Ech mengen, mir géife schonn haut gär hei profitieren, fir emol ze wëssen, wat d'Regierung dann elo fir eng Visioun iwwert d'Nationalbibliothék huet. Et ass e ganz wichtegen Dossier. Si freet eis ënnerstëtzung. Mir froen: Bei wat, Madame Minister, hätt Der da gär, datt mir lech ënnerstëtzen?

Merci.

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture.** - Ech kann lech net béis sinn, Här Kartheiser, datt Der net wësst, wat an der leschter Legislaturperiod diskutiert gi war, an dat ass nach ëmmer meng Haltung. Et ass nach ëmmer meng Haltung, datt mer eng nei Nationalbibliothék brauchen. Dir hutt eng Äntwert op eng Question parlementaire elo ganz rezent an d'Chamber erakritt vum Här Bauteminister. Dir kënnt déi ganz gär noliessen.

A wann Der dat Gebai vun der Nationalbibliothék uschwätzt, wat elo do ass, do huet dee Ministère, an deem Dir bis virun nach net ganz laangem geschafft hutt, ëmmer eng grouss Visée drop gehat. En huet zwar elo anerer kritt. Si sinn nach méi grouss ginn. An ech sinn zouversichtlech, datt, wann ee bis do eraus ass, fënnt een eng ganz gutt Verwendung fir dat Gebai, wat flott an der Stad läit, wat awer net heescht, datt duerfir haut Bibliothéiken an Nationalbibliothéiken nach mussen am Kär vun enger Alstad leien.

Ech ka ganz gären nach vill méi laang doriwwer schwätzen, Här Kartheiser, mä meng Riedezäit wär awer da längst erschöpft an dat ass hors sujet zu deem Thema, wat mer haut hei haten.

► **Mme le Président.** - Merci villmools, Madame Minister. Sou, mir hätten domat d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss, an ier mer awer elo zum Vote vun dem Projet kommen, stëmme mer fir d'éischt of iwwert d'Amendement, déi

d'Madame Brasseur virgeluecht huet. An ech géif lech da bieden, fir d'éischt iwwert den éischten Amendement ofzestëmmen, deen den Artikel 4 betrëfft.

## Vote sur l'amendement 1

De Vote ass un. Deen Amendement ass net ugeholl. Et si 35 Nee-Stëmmen, 15 Jo an aacht Abstentiounen.

Résultat définitif après redressement: l'amendement est rejeté par 38 voix contre, 13 voix pour et huit abstentions.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Paul Schaaf), Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Marcel Oberweis (par M. Lucien Clement), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Félix Eischen), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Scheuer), Lucien Lux (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen), MM. Roger Negri et Ben Scheuer.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Da kéime mer zum Amendement 2 vun der Madame Brasseur. Dee betrëfft den Artikel 5.

## Vote sur l'amendement 2

De Vote geet un. Och deen Amendement ass net ugeholl. Et sinn 39 Nee-Stëmmen, 21 Jo-Stëmmen a keng Enthalung.

Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Clement), Laurent Mosar (par Mme Christine Doerner), Marcel Oberweis (par M. Félix Eischen), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Jean-Paul Schaaf), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux (par M. Ben Fayot), Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Claude Haagen).





Da kéime mer zum Vote iwwert de ganze Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Ech stellen deen zum Vote. Sou, et wäert elo geschwënn ugoen. De Projet de loi 6026 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen a kenger Géigestëmm. Félicitatiounen un d'Chamber.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Félix Eischen), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Paul Schaaf), Laurent Mosar (par Mme Martine Mergen), Marcel Oberweis (par M. Lucien Clement), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Gilles Roth), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Mill Majerus), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Lucien Lux (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Claude Haagen);*

*MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

### Motion 1

Da kéime mer nach zur Diskussioun iwwert d'Motioun. Madame Brasseur, frot Dir dozou nach eng Kéier d'Wuert?

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Neen, Madame Presidentin. Ech froen awer den Appel nominal.

► **Mme le Président**.- Très bien! Wëllt en aneren nach d'Wuert zu där Motioun huelen? Här Majerus.

► **M. Mill Majerus** (CSV).- Ech denken, datt mer déi aussergewéinlech Chance hunn, fir dës Kéier sämtlech Bibliothéiken hei zu Lëtzebuerg an ee grouse Réseau eranzekréien. A mir affiliéiere se net mat engem Provider, mir affiliéiere se mat engem Réseau. Dee Réseau huet e System, en Outil informatique, e Logiciel ausgeschriwwen, an dat ass, wéi de Statsrot confirméiert, de Spillregelen no gang. Et ass also keng Bibliothék bestuet mat engem Logiciel, mä si geet mat an e Réseau, deen e gemeinsamen Outil huet. Dat ass déi éischt Remarque.

Déi zweet Remarque - an ech fannen déi och ganz wichteg -: Dee Logiciel vum Réseau eegent sech net gutt fir pedagogesch a kulturell Applikatiounen, esou datt, wann ech wëll flott Applikatiounen maache mat menge Lieserinnen a Lieser, da brauch ech sécher aner Applikatiounen. An do sinn aner Provideren, vun deene wou d'Madame Brasseur geschwat huet, déi mir och begéint hunn, déi maachen do ganz flott, exzellent Propositionen. Ech hu bei der Madame Kulturministesch nogefrot, ob déi Käschten, déi eng Bibliothék huet, wa se kulturell a pedagogesch Applikatiounen mat anere Provideren mécht, ob déi Käschten éligibel sinn, wann ech mam Kulturministère kommen, fir mäin Dekont bei de Käschten ze maachen. Ech krut eng kloer an daitlech Äntwert, datt dat selbstverständlech de Fall ass. Vun do aus géife mir mengen, datt mer déi Motioun net kéinte matdroen.

► **Mme le Président**.- Merci, Här Majerus. Ech ginn der Madame Brasseur nach eng Kéier d'Wuert.

► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Ech wollt awer de Kollege soen, dass mer jo hei froen, d'Regierung soll nach eng Kéier iwwerpräiwen, ob eng Kompatibilitéit an eng Interopérabilitéit méiglech ass, an den Här Adam ass och dorop agaangen. An ech fannen, dass d'Chamber awer soll, wann ech gelift, dat froen, fir ze kucken, ob et méiglech ass, dass dat eent mat deem anere géif zesummegoen. An ech verstinn einfach net, firwat d'Majoritéit esou eppes wëllt oflehnen, an dat ass wierklech net am Sënn vun deene Firmen, déi sech Méi ginn, déi de Courage hunn, hei zu Lëtzebuerg Initiativen ze entwéckelen. Ech fannen, mir missten dat onbedéngt ënnerstëtzen. An duerfir maachen ech wierklech en Appel un lech, fir dës Motioun ze stëmmen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Octavie Modert, Ministre de la Culture**.- Mä, Madame Brasseur, dat steet jo alles am Rapport a mir haten dat jo alles beschwat gehat. Duerfir stellt déi Fro sech u sech guer net méi.

► **Mme le Président**.- Léif Kollegen, ech géif lech also bieden, mir géifen iwwert déi Motioun elo ofstëmmen duerch Vote électronique. D'Madame Brasseur huet dat esou gefrot an dat ass och esou autoriséiert.

### Vote sur la motion 1

Déi Motioun ass leider net ugeholl.

► **Plusieurs voix**.- Oh!

► **Mme le Président**.- Entschëllegt, déi ass mat... Ech huelen d'Wuert „leider“ zréck. Entschëllegt!

### (Hilarité)

Déi Motioun ass ofgelehnt bei 39 Nee-Stëmmen géint 21 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

*Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Norbert Hauptert), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Mergen), Laurent Mosar (par M. Félix Eischen), Marcel Oberweis (par M. Jean-Paul Schaaf), Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz (par M. Lucien Clement), Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Scheuer), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Lucien Lux (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Claude Haagen).*

Domat hätte mer dee Projet evakuéiert a mir kéimen elo zum Projet de loi 6048 iwwert d'Transpositioun vun enger Direktiv iwwer Maschinnen. Et hu sech de Moment ageschriwwen, ausser dem honorable Rapporteur, dem Här Negri: den Här Gloden an den Här Hoffmann. Ech géif dann domat direkt dem Rapporteur, dem Här Negri, d'Wuert ginn.

### 3. 6048 - Projet de loi

- **portant transposition de la directive 2006/42/CE du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2006 relative aux machines et**

### modifiant la directive 95/16/CE (refonte);

- **concernant la mise à disposition de machines;**

- **concernant les machines d'occasion**

### Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

► **M. Roger Negri** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Madame Presidentin. Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, dat genormten CE-Zeechen op Produkter a Maschinnen, wat ech lech eng Kéier hei weisen, steet fir „Conformité européenne“ an ass dat offiziellt Zeeche fir eng Wuer, déi konform zu der Législatioun vun der Europäescher Unioun ass.

De Marquage CE muss op all deene Wueren ubruecht ginn, fir déi eng europäesch CE-Certificatioun besteet an déi innerhalb der EU verkaaft ginn. Dat heescht, souwuel deenen, déi innerhalb der EU fabrizéiert ginn, wéi och deenen, déi an d'Europäesch Unioun importéiert ginn.

Et gëtt fir ganz vill Wueren eng spezifesch CE-Certifikatiounsdiagnostik, mä awer nach net fir all. Bei der Direktiv 2006/42/CE, déi mer haut iwwert de Projet de loi 6048 an d'nationaalt Recht ëmsetzen, geet et ëm déi sougenannten „Maschinnen“-Direktiv. Als Maschinn gëtt all Wuer definéiert, déi assembléiert, also zesummegesat ass a wou op d'mannst ee Stéck dovunner mobil ass, sech deemno beweegt, op- an ofgeet oder dréint. A just well et sech bei Maschinnen ëm beweeglech Deeler handelt, déi eng bestëmmten Dynamik a Schwingungen erviruffen, kënnen verschidde Maschinne fir de Mënsch geféierlech ginn an deemno, jee no Maschinn, entsprechend Sécherheets- a Gesondheetsnormen erfuerderen.

Heibäi geet et ëm Maschinnen, déi souwuel industriell, mä och vun alle Leit kënnen gebraucht ginn. Dat geet vum Walzwierk op der Schmelz bis doheem beim Gebrauch vun zum Beispill Ärer Buermaschinn oder Ärer Méimaschinn. Dofir kuckt zu Ärer Sécherheet ëmmer, wann Der esou eng Maschinn kaaft a gebraucht, ob d'CE-Certificatioun drop marquéiert ass.

D'CE-Zeeche muss a Fonctioun vun der Gréisst vun der Maschinn ubruecht sinn, mä muss souguer bei ganz kleng Maschinnen an alle Fäll mindestens fënnf Millimeter grouss sinn.

Madame Presidentin, d'Certificatioun fonctionnéiert op Basis vun enger quasi Auto-Certificatioun, also Eegencertificatioun, wou d'Produzenten an d'Responsabilitéit geholl ginn an dat och bleiwen.

D'CE-Certificatioun gëtt op europäeschem Niveau vun dem Comité Européen de Normalisation - CEN ofgekierzt - koordinéiert, nom Prinzip vun der Libre circulation des biens vun 1993, dass Wueren am Euro-Raum fräi an onageschränkt zirkuléiere kënnen an domat an der ganzer EU accessibel sinn.

Mam Zil vun enger méi grousser Harmoniséierung vun de Wueren, huet d'Europäesch Parlament an den Europäesche Conseil 1998 eng éischt Codificatioun duerch d'Direktiv 98/37 agefouert. Dës Direktiv ass awer d'lescht Joer am Dezember ausgelaf a gëtt elo duerch déi nei Direktiv 2006/42 an d'Gesetz vun haut ersat.

D'Zouloossungstell fir d'CE-Certificatioun zu Lëtzebuerg ass den Institut Luxembourgeois de la Normalisation de l'Accréditation, de la Sécurité et qualité des produits et services - ofgekierzt ILNAS -, a Koordination mat der Inspection du Travail et des Mines - ITM - an a Kollaboration mat de Sozialpartner. D'ITM ass och zoustänneg fir d'europäesch Koordination mat der virgenannter CEN.

Déiselwecht CE-Certificatioun gëllt och fir d'Locatioun vun Maschinnen an och fir Occasiounen. An hei setze mer och haut eng Mise à jour mat de Konventiounen vun der OIT, der Organisation internationale du Travail, wou also elo bei Locatioun oder beim Weiderverkaf vu Maschinnen d'Sécherheets- an d'Gesondheetsnorme weider garantéiert bleiwe mussen.

Dëst ass e ganz wichtige Punkt. Wann ee sech zum Beispill e schwéiere Kompressor

léine geet, a wou ee weess, dass se permanent weider geléint ginn, muss den Händler sech bewusst sinn, dass et net duergeet, dass d'CE-Zeechen op der Maschinn ubruecht ass, mä och weiderhin den CE-Normen entspreche muss. An och souguer dann, wann e se gratis verléine geet, müssen d'CE-Sécherheets- a Gesondheetsnorme respektéiert ginn.

Bei all Accident mat kierperleche Schied duerch eng Maschinn muss an alle Fäll d'ITM ageschalt ginn, fir dass si kënnen nokucken, ob dës Maschinn den CE-Normen entsprach huet an ob ënner Ëmstänn e generelle Problem besteet an dës Zort vu Maschinnen eventuell net méi ka weider gebraucht ginn.

An deem Kontext ass et och esou, dass all Land eng Clause de sauvegarde huet, fir eng Maschinn net zouzeloossen, och wa si scho vun engem anere Land virdrun d'CE-Certificatioun kritt huet. Dëst muss da just vun deem respektive Land un den europäeschen Certificatiounscomité notifiéiert ginn.

Net ënnert dës Direktiv wéi och d'Gesetz vun haut falen eng Partie Maschinne wéi Trakteren, Autoen, Fligere, Zich a Schëffer, wou et spezifesch Direktive gëtt. Dasselwecht gëllt fir Haushaltsgeräte, Informatikapparater an Elektrogeräte.

Speziell Maschinne fir Kiermessen an Erliednisparke falen och net ënnert dës Direktiv, mä net well et do eng speziell Direktiv gëtt, mä well sech do um EU-Niveau nach net op eng eenheetlech CE-Certificatioun konnt gëeenege ginn. Dofir müssen ënner anerem zum Beispill op der Schueberfouer all Spiller virun der Mise en service vun engem Kontrollbüro all Kéier nei certifiéiert ginn.

D'Formalitéiten an d'Kritären, wéi d'CE-Certificatioun ze handhaben ass, stinn an den Annexe I bis XI vum Gesetz vun haut. Ech gräife vläicht just ee Kritär eraus: Eng Maschinn däerf nëmmen duerch en Acte volontaire op en Organe de service a Betrieb goen, dat heescht eng Maschinn däerf ni vum selwen a Betrieb goen aus elementäre Sécherheetsgrënn.

Madame Presidentin, an der Direktiv 2006/42 gëtt och nach eng Mise à jour vun de Lifter, vun Ascenseuren also gemaach, wat dat meescht benotzte Bewegungsmittel vun der Welt ass a wou alles un engem Seel hänkt, an dofir speziell Sécherheetsnormen ënner anerem wéi Parachuten, Telefon, duebel Diere virgeschriwwen sinn.

Zu Lëtzebuerg gouf d'Direktiv vun de Lifter iwwer Règlement grand-ducal ëmgesat, an duerfir geschitt d'Upassung vun der Direktiv bei de Lifter och zäitgläich iwwer en neie Règlement grand-ducal an ass deemno net Objet vum Projet de loi vun haut.

Fir dass d'Inspection du Travail et des Mines hei zu Lëtzebuerg all Maschinnen am Sënn vun dësem Projet de loi korrekt op hir CE-Certificatioun iwwerwaache kann, gëtt d'ITM mat aacht Fonctionnairen am Grad vum Ingénieur-technicien verstärkt.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, domat bieden ech lech, dem Gesetz vun der CE-Certificatioun fir d'Anhale vun de Sécherheets- a Gesondheetsnorme bei Maschinnen zoustëmmen, ginn den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme le Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur och Merci an ech géif dann als éischte Riedner dem Här Gloden d'Wuert ginn.

### Discussion générale

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Madame Presidentin, Kollegeinnen a Kollegen, fir d'éischt wëllt ech dem Rapporteur Merci soe fir säin explizite Rapport. Et geet hei ëm e ganz technesch Volet, an de Kolleg Negri huet do wierklech eng flott Aarbecht geleescht. Et waren och eng Rei juristesche Problemer ze léisen, déi mer an der Kommissioun du geléist hunn.